

# Nationale Walprogramm

fir d'Gemengewalen, den 11. Juni 2023



**adr**

# Inhaltsverzeechnes

Eis 6 grouss Projete fir méi Liewensqualitéit an eiser Gemeng .....	3
1. Wunnraum schafe mat Häerz a Verstand.....	3
2. Är Sécherheet läit eis um Häerz.....	7
3. D'Lëtzebuenger Sprooch - d'Häerz vun der Integratioun.....	9
4. Versteesdemech fir d'Awunner - vu Jonk bis Al .....	11
5. Biergerbedeelegung, Digitaliséierung a Medien - um Bols vun der Zäit.....	15
6. Natur an eis Uertschafte bréngen .....	17
Wéi mir d'Liewensqualitéit am Detail verbessere wëllen .....	21
7. Zesumme liewen an enger lieweger Gemeng.....	21
8. Matgefill a Respekt fir eis eeler Matbierger .....	21
9. Empathie fir Leit mat spezifesch Bedierfnesser .....	22
10. Well mir gär eng lieweg Gemeng hunn .....	23
11. Medezinesch Versuergung méi no um Awunner.....	24
12. Well mir frou si mat den Déieren .....	24
13. Eist Häerz schléit fir eis Veräiner.....	24
14. Sport bréngt eis zesummen a verbënnt .....	26
15. Kultur fir Häerz a Geescht .....	26
16. Historesch Gebaier an al Bausubstanz an Éieren halen.....	28
17. Tourismus an d'Léift zur Regioun .....	28
18. Eng respektvoll Integratioun .....	29
19. Mir si gär mobil, fräi a flexibel .....	30
20. Mat Léift fir eis Natur an Ëmwelt.....	34
21. De Wäert vu Waasser a propperen Uertschaften unerkennen .....	35
22. Kompetent politesch Gouvernance mat Gefill fir d'Awunner.....	37

# Eis 6 grouss Projete fir méi Liewensqualitéit an eiser Gemeng

## 1. Wunnraum schafe mat Häerz a Verstand

Ee vun de gréisste Problemer vum Land ass dee vun den héije Wunnungspräisser. Et ass fir vill Leit schwéier, um Wunnengsmaart eng Wunneng zu raisonnabele Präisser ze fannen. Schonn zënter Jore prangert d'ADR déi Tatsaach un, datt de wickleche Grond fir d'Situatioun vun der Wunnungskris am onkontrolléierte Wuesstem an am ongebremsen Zouwuess vun der Bevëlkerung läit. Grondsätzlech baue mir genuch, mee duerch déi staark Zouwanderung hält d'Konkurrenz um Wunnengsmaart ëmmer weider zou, esou datt och d'Präisser ëmmer méi séier a méi héich klammen.

D'Haaptléisung vum Problem kann also nëmmen an engem anere Wuesstemsmodell fir Lëtzebuerg leien. D'ADR ass prinzipiell net géint de Wuesstem, allerdéngs muss dese qualitativ sinn, an den Zouwuess vun der Bevëlkerung muss moderat sinn.

### Mietwunnenge fir Leit aus der Gemeng

D'Gemeng dréit beim Logement hir Verantwortung, fir de Wunnengsmaart lokal ze beaflossen. D'ADR wäert sech dofir asetzen, datt all Gemeng op d'mannst 5% vun de Wunnengen op hirem Territoire fir sozial Mietwunnengen zur Verfügung stellt, dést progressiv an iwwert den Zäitraum vun der nächster Legislatur. All Gemeng muss och, ofhängeg vun hirer Gréisst, allzäit eng gewëssen Zuel u Wunnenge prett hunn, fir Leit an Noutsituatiounen provisoresch kënnen en Ënnerdaach ze ginn. Dëst z.B. fir Leit, deenen hiert Haus oder hir Wunneng duerch e Brand oder eng Naturkatastroph zerstéiert gouf.

Bei Bauprojete vu méi wéi engem Hektar wäert d'ADR de Prozentsaz vu Wunnengen, déi fir de soziale Wunnengsbau musse reservéiert ginn, vun 10% op 15% eropsetzen. Dëst gëllt fir all neie Projet, dee vum 1.1.2024 un op den Instanzewege geet. Op des Wunnenge sollen d'Gemengen dann och e Virkafsrecht hunn, allerdéngs ënnert der Bedéngung, datt des als Mietwunnenge prioritär de Leit aus der Gemeng zur Verfügung gestallt ginn.

D'ADR hält dann och um Modell fest, datt de soziale Wunnraum, dee fir d'Locatioun bereet gestallt gëtt, nom Gesetz iwwert de Wunnengsbau héich vum Staat subventionéiert gëtt. D'Gemeng soll dofir – sief et an Eegeregie, iwwert Promoteure wéi de Fonds de Logement an d'SNHBM, oder mat private Promoteuren – d'Hëllef vum Staat (70% bis 100%) an Usproch huelen (Gesetz vum 25. Februar 1979).

Dës Wunnengen däerfen a sollen och fir speziell Forme vu Wunnen agesat ginn, wéi „betreit Wunnen“ fir Leit mat spezifesche Bedierfnesser oder Wunnengsgemeinschaften fir eeler Leit an eventuell mat jonke Leit a Stéit gemëscht. D'ADR ass bereet, fräiwëlleg zesummegegate Wunnengsgemeinschaften ze fërderen.

Eng Gemeng mat gréisserer finanzieller Reserve soll en Deel vun dese Reserven an engem spezielle Fong uleeën, deen an de Wunnengsbau investéiert. All d'Gemenge sollen och Projeten ënnerstëtzen, fir datt Wunnenge fir d'Locatioun zu moderate Präisser zur Verfügung gestallt ginn. Dëst och fir Leit, déi net d'Krittäre fir de soziale Wunnengsbau erfüllen, awer trotzdem grouss Schwierigkeeten hunn, um private Marché ënner Daach ze kommen.

Un dëser Plaz soll och drop higewise ginn, datt beim Bau vun neie Wunnengen an Haiser ëmmer méi heefeg Problemer bei der Qualitéit bis hin zu reegelrechte Bauschied festgestallt ginn. Déi steigend Käschten am Wunnengsbau, de Manktem un Handwierker, an dozou nach den Zäitdrock, verschlëmmeren d'Situatioun um Wunnengsmaart zousätzlech. D'ADR leet grouse Wäert drop, datt bei Investitiounen an de soziale Wunnengsbau och d'Qualitéit beim Bau a beim Material garantéiert gëtt.

## **Bezielbar Wunnenge prioritär fir Leit aus der Gemeng**

Fir datt déi bezuelbar Wunnenge fir d'Locatioun gerecht verdeelt ginn, geet et net duer, eenheetlech Krittären auszeschaffen, déi fir all Proprietär gëllen, deen op dësem Wunnengsmaart aktiv ass: Staat, Fonds de Logement, SNHBM, Gemengen a moralesch Persounen, déi dofir subventionéiert ginn. Dës Krittäre mussen och reegelméisseg kontrolléiert a wann néideg ugepasst ginn.

Bei de bezuelbare Wunnengen, sou wéi och allgemeng an der Wunnengsproblematik, engagéiere mir eis fir Transparenz bei de Waardelëschten. Et soll eng eenzeg an transparent Waardelëscht ginn, déi déi verschidde Krittären, ewéi d'Familljenzesummesetzung oder d'Akomes, berécksiichtegt. D'Gestioun vun dëser Lëscht gëtt op nationalem Niveau gefouert. Allerdéngs sollen d'Gemengen hei d'Méiglechkeet kréien, fir eidel Wunnenge prioritär u Leit mam entsprechende Profil ze verginn, déi eng Relatioun zu där Gemeng hunn an natierlech och den néidege Krittären entsprechen. D'Virrecht duerch de Bezuch zur Gemeng géif iwwert e Punktesystem gereegelt ginn. Dobäi gëllt: Wat ee méi mat der Gemeng verbonnen ass, wat ee méi Punkten ugerechent kritt.

Bei dësem System kritt ee beispillsweis Punkten, wann een

- an där Gemeng wunnt oder gewunnt huet – d'Dauer spillt hei och eng Roll;
- Elteren, Grousselteren oder Kanner huet, déi an där Gemeng wunnen;
- an där Gemeng schafft;
- an där Gemeng a Veräiner aktiv ass oder war;
- asw.

Wien also déi néidege Krittären erfëllt an dann nach iwwert dëse System déi meeschte Punkten huet, dee kritt d'Virrecht op eng Sozialwunneng an där respektiver Gemeng.

## **Hëllef fir den éischten Accès als Proprietär**

Et ass ganz schwéier, wann net scho bal onméiglech – esouguer fir Leit a Stéit mat guddem Akomes –, eng éischte Kéier Proprietär vun engem Haus oder enger Wunneng ze ginn. Dëst gëllt nach méi fir Stéit, wou d'Akomes knapp iwwert där Limitt läit, bei där de Staat an d'Gemenge mat Hëllef a Subsiden asprangen.

D'ADR wäert sech engagéieren, datt d'Gemengereglement gewësse Konditioune festhält, bei deenen d'Gemeng bestëmmte Leit (z.B. Jonker, deenen hir Elteren an der Gemeng wunnen, bei bestëmmte Familljesituatiounen, wa Leit zanter enger gewësser Zäit an der Gemeng wunnen oder schaffen, asw.) hëllef kann, Proprietär ze ginn. Dëst beispillsweis iwwert de Wee vu Bankgarantien a bei der Acquisitioun vun engem Terrain.

Amplaz iwwert den Ierpachtvertrag (bail emphytéotique) ze fueren, zitt d'ADR de Wee vum zäitlech versaten Terrainskaf (portage foncier) vir. Dat bedeit, datt den Terrain an enger éischter Phas fir e symbolesche Loyer zu Verfügung gestallt gëtt an de Verkaf vum Terrain da spéider (z.B. wann de Prêt vum Bau ofbezuelt ass) realiséiert gëtt.

Bei gréissere Projeten am Sozialwunnengsbau suerge mir derfir, datt 15% vun den Haiser oder Wunnenge fir Leit reservéiert ginn, déi net vun Hëllef beim Bau profitéieren an net Proprietär sinn.

## **Energienormen**

D'ADR ass dogéint, datt d'Leit solle gezwonge ginn, nëmmen nach Passivhaiser ze bauen. Dat ass e staatlechen Agrëff an déi perséinlech Fräiheet. D'ADR setzt sech am Gemengerot dofir an, datt de Staat fräiwëlleg Investitiounen an en niddregen Energieverbrauch ënnerstëtzt. Awer d'Leit mussen hei ëmmer nach d'fräi Wiel beim Baue behalen.

## D'Baue vun neie Wunnengen

Doduerch, dass d'Gemeng sech aktiv um sozialen an erschwéngleche Wunnensbau bedeelegt, hält si schonn Afloss op déi prekär Situatioun um Wunnensmaart. Fir hir Méiglechkeeten hei auszeschöpfen, muss d'Gemeng natierlech Bauland kafen an dobäi op déi staatlech Hëllefem zeréckgräifen, déi hir zur Verfügung stinn. D'Präisspiral um Wunnensmaart kann awer nëmme gestoppt ginn, wann de Bevëlkerungszouwuess duerch d'Awanderung zeréckgeet. Et däerf net sinn, dass den demografesche Wuesstem eis an déi Situatioun bréngt, wou den Duerfcharakter an d'Wunnqualität verluer ginn. Mir als ADR wieren eis dogéint, dass Residenze methodesch a generell méi héich gebaut ginn an d'Wunnensdicht systematesch weider verstärkt gëtt.

D'Gemengen hunn hei trotzdeem gewësse Méiglechkeeten. Si kënnen geziilt déi Leit, déi aus der Gemeng selwer kommen, ënnerstëtzen, fir dass si an hirer Gemeng kënnen eng Wunneng kréien. Esou solle beispillsweis Terraine fir bezuelbar Präisser prioritär u Jonker aus der Gemeng goen. Dëst, a Kombinatioun mam Punktesystem bei der Waardelëscht fir bezuelbar Wunnengen, erméiglecht och deene Jonken, an hirer Gemeng, an där si verwuerzelt an am Gemengeliewen integréiert sinn, wunnen ze bleiwen.

D'ADR setzt sech an, fir dass de Charakter vum Duerfkär a bestoende Quartiere respektéiert gëtt. Nei Quartieren däerfe sech och net negativ op d'Liewensqualität vun den Awunner vun der Uertschaft auswierken. Si müssen esou geplangt a gebaut ginn, dass si sech harmonesch un déi existéierend Infrastruktur upassen. D'ADR wäert drop oppassen, dass historesch Bausubstanz an iwwert d'Jore gewuesse Strukturen erhale bleiwen, fir dass den Duerfcharakter net verluer geet.

Aus deem Grond wiere mir eis dogéint, dass Haiser ofgerappt ginn, just fir séier Wunnraum ze schafen. Fir dass de Charakter net verluer geet, soll déi al Bausubstanz erhalen a renovéiert ginn. Da soll besser zousätzlech neie Wunnraum gebaut ginn.

Wéinst dem Präisdrock um Wunnensmaart däerf awer och eng Erweiterung vum PAG keen absoluten Tabu sinn. Awer ier de Bauperimeter erweidert gëtt, suergt d'ADR dofir, dass d'Plaze bannent dem Bauperimeter fir d'éischt genotzt ginn. Dobäi däerfen awer d'Eigentumsrechter net ausser Kraaft gesat ginn, sief et duerch Enteegnungen, duerch Requisitionen oder duerch eng konfiskatoresch Besteuerung fir Bauland oder Wunnenge vu Privatpersounen, déi eidel stinn. D'Gemeng soll an hire Méiglechkeete versichen, weider Bauland opzekafen, fir erschwéngleche Wunnraum ze schafen. Dobäi wäerte mir berécksiichtegen, dass d'Liewen an der Gemeng ouni an och mat Auto méiglech ass. (Kuckt och d'Kapitel 10. Well mir gär eng lieweg Gemeng hunn) Deementspriedend muss de PAG esou ausgeluecht ginn, dass Alltagsweeër bei Bedarf zu Fouss oder mam ëffentlechen Transport kënnen zeréckgeluecht ginn. Dozou zielt och de séchere Schoulwee fir d'Kanner. Wann d'Flächen am Bauperimeter opgebraucht sinn, ass d'ADR net dogéint, weider Bauland auszewiesen. Mir sinn awer der Meenung, dass dëst just punktuell sollt gemaach ginn an och nëmme a geziilt do, wou et landesplaneresch Sënn ergëtt. All Ar, dee bebaut an zoubetonéiert gëtt, ass e Stéck Natur, dat mir opginn.

D'ADR wäert dobäi awer weiderhin drop halen, dass am Bautereglement och ëmmer genuch Parkplaze virgesi ginn, esou dass den Autofuerer hei net benodelegt gëtt an d'Leit an hirer Wiel vun de Fortbewegungsmëttel net an eng Richtung gedréckt ginn. Natierlech wäerte mir awer och fir déi néideg geséichert Stellplaze fir Vëloer suergen, esouwuel bei Wunnkomplexer ewéi bei Geschäfte an ëffentleche Plazen.

Doduerch, dass ëmmer manner Leit sech en Haus leeschte kënnen, an domat och kee Gaart, wäerte mir als ADR an de Bebauungspläng a Bautereglementer fir Gemeinschaftsgäert a Schrebergäert reservéiert Flächen integréieren. Dëst soll erméiglechen, dass esou vill Leit ewéi méiglech e Gaart kënnen hunn, wa si dëst wëllen.

D'Erweiterung vum Bauperimeter gëtt vun ëffentlecher Hand gesteiert. D'Gemeng, déi laut Gesetz e Virkafsrecht huet, wäert e faire Präis fir Terraine bidden, déi nach net am Bauperimeter leiwen, an dës wäit

ënnert dem Maartpräis fir „Bauterrain“ verkafen. Dobäi kënnen déi Terrainen u bestëmmte Bedéngunge gebonne ginn, wéi datt si beispillsweis bannent kuerzer Zäit mussen bebaut ginn an/oder un d'Situatioun vum Keefer sengem Akommes ugepasst ginn, a prioritär un Awunner aus der Gemeng ginn – besonnesch u Jonker, déi nach net Proprietär sinn.

Fir datt d'Gemengen hire Spill- an Aflossraum beim Wunnengsbau méiglechst grouss hale kënnen, muss eng gewësse Sécherheet geschaf gi bei Immobilien, déi d'Gemeng net just verlount, mee verkeeft. Wann d'Gemeng also Sozialwunnenge verkeeft, muss dat un eng Konditioun gebonne ginn, déi der Gemeng d'Virkaufsrecht garantéiert, am Fall wou déi Wunnenge nees verkaf gi sollten.

Bei der Erweiderung vum PAG a bei der Ëmwandlung vun Terrainen, wéi z.B. Industriefrichen, müssen d'Gemengen derfir suergen, datt d'Präisser erofgedréckt ginn. De Prinzip vum „Pollueur-Payeur“ – wien also Knascht mécht, muss dëse selwer bezuelen – muss bei enger eventueller Sanéierung vun esou Terrainen respektéiert ginn.

D'Offer erweideren, heescht och, de Privatpromoteuren net onnéideg Steng an de Wee ze leeën, wéi z.B. mat Oplagen, déi de Bau méi deier maachen. D'Energienormen an d'Prozeduren, déi domadder verbonne sinn, wäerte fir eng Vereinfachung nach eemol iwwerschafft ginn. Och do droen d'Gemengen en Deel vun der Verantwortung. D'Prozedur sinn ze respektéieren a méiglechst kuerz ze halen.

### **Eidel Wunnengen a Baulücken**

Fir d'Offer ze erweideren, sollen eidel Wunnengen op de Locatiounsmaart kommen. Dëst ka gefërdert, awer net erzwonge ginn. D'Recht vum Privateigentum muss respektéiert bleiwen.

Et gëtt Moosnamen, iwwert déi d'Gemenge sollen d'Proprietären encouragéieren, fir dës Wunnengen, respektiv Terrainen fir de Wunnengsmaart fräzeginn. Ee Modell dofir ass d'Agence immobilière sociale, déi op där enger Säit d'Proprietären zu raisonnabele Loyere verflucht, hinnen op där anerer Säit awer gewësse Garantië bitt, datt de Loyer bezuelt an d'Wunneng an der Rei gehale gëtt. D'Gemenge sollen an Eegeregie op esou e Modell zeréckgräifen, och fir hir Awunner, déi d'Hëllef vum Sozialbüro an Usproch huelen.

Bei alle Problemer um Wunnengsmaart muss awer weiderhin d'Recht op d'Proprietéit geschützt bleiwen. Et däerf weder zu Zwangsmoosname kommen, nach zu iwwerdriwwenen Taxen. D'ADR wiert sech géint Steiererhéijungen, inklusiv enger Grondsteiererhéijung.

### **Loyerskommissioun**

All Gemeng mat méi wéi 6.000 Awunner huet eng eege Loyerskommissioun. Fir déi kleng Gemenge besti regional Loyerskommissiounen. Dës Kommissiounen hunn d'Aufgab, als Vermëttler tëscht de Proprietären an de Locatairen ze agéieren. Leider ginn dës Kommissiounen ganz seelen an Usproch geholl. D'ADR wëll dëst wichtegt Instrument opwäerten an derfir suergen, datt iwwert d'Gemengepublikatiounen reegelméisseg op d'Aufgabe vun der Loyerskommissioun higewise gëtt. Wa Leit sech op der Gemeng umellen, gi si och iwwert e Flyer op d'Existenz vun dëser Kommissioun higewisen.

### **Gemengewunnengen ënnerhalen**

Wunnengen a Gebaier, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn, duerfen net vernoléisseg ginn, besonnesch dann, wa si un aner Leit verlount ginn. Mat der ADR kënn d'Gemeng dës Flicht garantéiert no a wäert Gemengewunnengen a -gebaier – esouwuel d'Infrastrukturen ewéi och d'Anlagen, déi dozou gehéieren – ëmmer a Stand halen a mat Zäiten déi néideg Investitiounen a Renovatiounen maachen.

## 2. Är Sécherheet läit eis um Häerz

Zu Lëtzebuerg ginn et ëmmer méi sougenannt Hotspotten, wou d'Ausmooss vun der feelender Sécherheet am ëffentleche Raum am schlëmmsten ass. D'Sécherheet hält am ganze Land weider of, während d'Kriminalitéit esouwuel um Niveau vun der Heefegkeet ewéi och um Niveau vun der Intensitéit/Brutalitéit klëmmt.

E sécheren Uert ass esou een, wou d'Leit sech zu all Zäit dobaussen ophalen a beweegen kënnen, ouni mussen Angscht ze hunn, datt um nächsten Eck eng Belästegung, en Iwwerfall oder e brutalen Iwwergrëff op si waarde kéint. Haut ass dat op ville Plaze keng Realitéit méi:

- Frae kréie recommandéiert owes net méi eleng aus dem Haus ze goen;
- vill Leit traue sech méttlerweil net méi a verschidde Quartieren;
- esouguer am helllichten Dag geschéie vill Iwwerfäll;
- d'Bandekriminalitéit ass a bleift en aktuelle Problem;
- d'Brutalitéit vun Iwwergrëffer hält zou, speziell och am Beräich vun der Jugendkriminalitéit;
- d'Drogekriminalitéit breet sech weider aus;
- d'kriminell Dote ginn ëmmer nees ënnert den Teppich gekiert a verharmloost;
- an der Police feelt et u Personal a Befugnesser, fir effikass ze agéieren.

D'ADR huet ëmmer nees op déi schlecht Sécherheetssituatioun op ville Plazen am Land opmierksam gemaach. Mir hunn an der Chamber och d'Beschaffungskriminalitéit am Zesammenhang mat der Drogeproblematik zur Sprouch bruecht an hunn den offensichtlechen Onwëlle vun der Regierung ugeprangert, fir géint déi organiséiert Kriminalitéit virzegoen.

D'Sécherheetssituatioun an d'Ängschte vun de Leit mussen endlech eescht geholl ginn.

Um nationalen Niveau setzt d'ADR sech mat konkrete Proposen dofir an, datt de Staat hei endlech handelt an déi néideg Virkéierungen a Moosnamen hält, fir d'Sécherheet uechtert d'ganz Land ze stäerken. Am Gemengerot wäerte mir eis och fir méi Policepresenz an der Gemeng asetzen. Wann dëst opgrond vu Personalmangel net geschitt, si mir bereet, fir eng privat Sécherheitsfirma patrulléieren ze loossen, wou et néideg ass - wuelwëssend, datt dat net kann d'Léisung sinn an de Staat senger Verantwortung endlech nokomme muss.

### Pecherten

D'Kapazitéite vun der Police gi scho laang net méi duer, fir d'Sécherheet am ëffentleche Raum ze garantéieren. Dofir begréisst d'ADR, datt de Kompetenzberäich vun de Pecherten (Agents municipaux) erweidert gouf. Mir wäerten och derfir suergen, datt d'Gemeng genuch Pecherte beschäftegt, fir d'Police esou gutt ewéi méiglech ze entlaaschten. Zum anere soll den Incivilitéiten - Delikter wéi onnéideg Verschmutzung, Littering, Vandalismus a weider Stéierungen vum ëffentleche Liewen - an der Gemeng esou effikass ewéi méiglech entgéintgewierkt ginn. Et ass kee Geheimnis, datt eis Police elo schonn dacks iwwerlaascht ass an net méi kann alle klengen Delikter nogoen. Wann dësen awer net entgéintgewierkt gëtt, kann dat zu gréissere Problemer féieren, duerch Steigerungen an Imitatioun.

Mir suergen dofir, datt déi nei rechtlech Dispositiounen esou gutt ewéi méiglech an der Gemeng ëmgesat ginn. Allerdéngs wäert d'ADR sech engagéieren, fir datt dat betreffend Gesetz, dat sech deelweis nach an enger rechtlecher Grozon befënnt, esou séier wéi méiglech ugepasst a wann néideg erweidert gëtt.

De Gewalt- an Aggressivitéitspotenzial beim Feststelle vun Delikter ass net ze ënnerschätzen an d'Beamte mussen iwwert déi néideg Kompetenze verfügen, fir hirer Aarbecht op eng sécher a professionell Manéier

kënnen nozegoen a sech am Noutfall och kënnen ze verdeedegen. Dofir mussen si onbedéngt déi dofir néideg Formatiounen, Infrastrukturen an Ekipementer kréien. Och dat wäerte mir um kommunalen a staatlechen Niveau fuerderen.

Iwwerdeems bedeit d'Beaarbechte vun de Verwaltungsstrofen e groussen administrativen Opwand. D'Gemenge kéinten hei séier un hir Grenze stoussen, dofir soll de Staat dës Aufgab iwwerhuelen oder op d'mannst dobäi hëllefen.

Duerch dës Entlaaschtung kann d'Police sech méi op d'Sécherheet konzentréieren, esou datt verschidde Gemengen net op privat Sécherheetsfirmen zeréckgräife mussen, fir d'Sécherheetsgefill bei de Leit ze stäerken an d'Kriminalitéit ze verhënneren.

### **Lokal Sécherheetspläng**

An engem Rechtsstaat hunn d'Bierger e Recht op Sécherheet, fir déi eleng déi öffentlech Hand an der Verantwortung ass. Dofir mussen de Staat an d'Gemengen enk zesummeschaffen, fir dem Bierger déi néideg Sécherheet ze bidden. D'Gemeng, déi hei e méi noe Kontakt mam Bierger huet, soll bei dëser Zesummenaarbecht och aktiv a präventiv déi individuell kommunal Problemer a Bedierfnesser upaken a passend Initiative fuerderen a proposéieren. Mat der ADR am Gemengerot ass dat de Fall.

Police a Gemenge mussen iwwert gëeegent Prozeduren a Strukturen enk zesummeschaffen. Fir all Gemeng muss e lokale Sécherheetspläng tëschent der Gemeng an der Police - mat der Consultatioun vun den Awunner - ausgeschafft ginn. Dëse Pläng gëtt dann natierlech reegelméisseg op seng Effikassitéit iwwerpréift.

D'Gesetzer leeën de Gemengen eng ganz Rei vu Flichten op, och wat d'Sécherheet op hirem Territoire betrëfft. Am Géigenzuch muss d'Gemeng dowéinst och op d'Hëllef vun der Police kënnen zeréckgräifen. D'ADR wäert derfir suergen, datt d'Gemeng méi e grousst Matsproocherecht bei der lokaler Presenz vun der Police huet. D'Gemeng géing sech dobäi och esou organiséiere kënnen, datt déi kommunal Policereglementer respektéiert ginn.

Et däerf keng rechtsfräi Zone ginn. Mir setzen eis op nationalem Niveau dofir an, datt d'Police an alle Fäll iwwert déi néideg Mëttele verfüügt, fir géint Banden, kriminell Organisatiounen an Drogendealer virzegoen. De Staat soll hei och endlech fir deen néidege gesetzleche Kader suergen, z.B. mat engem wierklech effikasse Plazverweis.

### **Presenz um Terrain**

D'ADR wäert sech op nationalem Niveau an an der Gemeng dofir staark maachen, datt a méi onroueg Quartiere Kommissariater kommen, déi 24 op 24 Stonne besat a fir d'Awunner accessibel sinn. D'Zuel vun de Beamte gëtt de lokale Verhältnesser ugepasst. D'Police soll méi eng grous Presenz um Terrain weisen, fir méi Vertraue beim Bierger ze schafen, e Sécherheetsgefill ze ginn a präventiv ze agéieren. Dogéint muss d'Gemeng der Police, wa si et wënscht, adequat Infrastrukturen zur Verfügung stellen.

D'ADR ass dofir, datt d'Police an déi lokal Autoritéiten enk zesummeschaffen, fir duerch eng grous Visibilitéit, Proximitéit an eng héich Effikassitéit d'Sécherheet an eise Stied an Dierfer ze verbesseren.

Besounesch a ländleche Géigende mussen genuch Policekommissariater sinn. Wann Hëllef gefrot ass, däerf et nämlech net zu iwwerméisseg laangen Delaie kommen, wéinst groussen Distanzen oder besounesch och am Wanter a bei schlechtem Wieder. Och d'Asazméiglechkeete vun de Police-Helikoptere mussen verbessert ginn.



## Streetworker

Et soll awer net just versicht ginn, verübten Delikter ze bestrofen, mee si sollen och esou gutt ewéi méiglech duerch präventiv Moosname verhënnert ginn. Vill kleng Delikter kéinte schonn evitéiert ginn, duerch d'Aarbecht vun engagéierten Educateuren, déi als Streetworker aktiv de Kontakt mat opfällige Jonken a anere problemlastegen Zilgruppe sichen. Deene betraffene Persoune feelt et dacks un Ënnerstützung, verlässleche Bezéiungsstrukturen, enger Vertrauenspersoun an heiansdo och u Liewensperspektiven. Hinnen Opmierksamkeet a Gehéier ze schenken, kann eng Vertrauensrelatioun schafen, op där da kann opgebaut ginn, fir deene betraffene Persounen déi passend Ënnerstützung an Hëllef ze bidden. An den Ae vun der ADR gehéiere Streetworker op alle Fall an d'Konzept vun der aktiver Präventiounsaarbecht. Och hei mussen déi gréisser Gemengen déi néideg Infrastrukture kënnen bereetstellen, woubäi Jugendhaiser och eng wichteg Roll spillen.

## Sécherheetskameraen

D'ADR ass dofir, dass op besonnesch sensibelen öffentleche Plaze Kameraen installéiert ginn, allerdéngs ënner strengen Oplagen an am Respekt vun der Privatsphär an dem Schutz vun de perséinlechen Daten. Mir sinn eis bewosst, dass Kameraen nëmmen en zousätzlecht Sécherheetsinstrument kënnen sinn, awer op kee Fall en Ersatz fir déi néideg Presenz vun der Police. Esou Kamerae kënnen just en Deel vun engem kommunale Sécherheetskonzept sinn.

## Organiséiert Heescherei

D'ADR setzt sech um nationalen Niveau dofir an, dass d'Gemeng, besonnesch an de grouse Stied, effikass Méiglechkeete kritt, fir organiséiert Heescherei an aggressiivt Biedelen ze ënnerbannen. Dozou gehéiert d'Méiglechkeet, dass d'Police bestëmmte Leit den Openthalt op bestëmmte Plazen – nom däitsche Modell vum „Platzverweis“ – verbidde kann. Och wann dës Dispositioun net prioritär d'Heescheleit viséiert, mee eng Verbesserung vun der öffentlecher Sécherheet, muss esou eng Méiglechkeet awer wann néideg och am Kontext vun der Bekämpfung vun organiséierten Heeschebande kënnen agesat ginn.

D'fräi Zirkulatioun vun de Bierger an Europa däerf net vun organiséierten Heeschebande méssbraucht ginn. Et handelt sech hei ëm eng kriminell Aktivitéit, ëm d'Exploitatioun vu schwache Leit an ëm Mënschenhandel. D'ADR wäert d'Aktivitéite vun esou Banden an eise Gemenge stoppen. Dat bedéngt natierlech och, dass um nationalen Niveau endlech déi néideg Rechtsbasis geschaf gëtt, mee och d'Gemenge kënnen dozou bäidroen.

## **3. D'Lëtzebuerger Sprooch – d'Häerz vun der Integratioun**

D'ADR ass déi eenzeg Partei, déi sech konsequent an iwverall fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir sinn iwverzeegt, dass d'Lëtzebuerger Sprooch dat wichtegst Mëttel zur Integratioun ass. An nëmmen eng gutt Integratioun ass – op kommunalem wéi och op nationalem Niveau – de Garant fir d'sozial Kohäsioun an e gutt Zesummeliewen.

Fir déi vill Leit, déi nei an d'Land wunne kommen, ass d'Gemeng déi éischt Plaz, wou si mat enger Administratioun a Kontakt kommen. Dowéinst géinge mir hei schonn e kloert Zeeche setzen, dat vermëttelt: Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vun dësem Land!

Gebaier vun der Gemeng, d'Beschëlderung, d'Slogane, asw. ginn op Lëtzebuergesch gemaach. Aus „commune“ gëtt „Gemeng“, aus „ville“ gëtt „Stad“. Och an de Formularen an Informatiounsbroschüre géing Lëtzebuergesch un éischer Plaz stoen.

Mat der ADR am Gemengerot wäerten d'Leit scho beim Aschreiwen an der Gemeng op d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch fir d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft higewise ginn. Beim Umelle

kréichen d'Leit och direkt Broschüren, wéi z.B. „100 Wieder Lëtzebuergesch“, ausgedeelt a géingen informéiert ginn iwwert d'Méiglechkeeten, fir Lëtzebuergesch ze léieren.

### **Nimm vun Uertschaften, Stroossen a Gebaier**

D'ADR wäert systematesch duerchsetzen, datt op den Uertschaftsschëlter am Agank vun den Dierfer a Stied d'Lëtzebuerg Uertschaftsnimm als éischt an am Fettdrock geschriwwen sinn. De franséischen Numm kënnt méi kleng an a Kursivschrëft drënner stoen. De Kadaster, wéi och d'Stroossekaarten an d'Navigatiounssystemer, ginn deem ugepasst.

Wou lëtzebuergesch Stroossen- oder Flouernimm existéieren, ginn dës exklusiv benotzt. Déi franséisch Bezeechnungen op kommunale Gebaier ginn duerch Lëtzebuerg Nimm ersat, respektiv komplettéiert. Esouwäit d'Gemeng zoustänneg ass, kréien all d'Stroossen en Numm op Lëtzebuergesch an och all Beschëlderung am öffentleche Raum gëtt op Lëtzebuergesch ugeluecht.

### **Publikatiounen vun der Gemeng**

All Gemengepublikatiounen – de Gemengebuet, Broschüren, Opriff, Invitatiounen, Informatiounen, d'Internetsäit, Formularen, asw. – musse fir d'éischt op Lëtzebuergesch sinn. Donieft kënnen si awer och an den administrative Sproochen Däitsch a Franséisch oder a weidere Sproochen ergänzt ginn.

### **Lëtzebuergesch-Coursen**

Mir als ADR wäerten derfir suergen, datt d'Gemeng gratis Lëtzebuergesch-Coursen op verschiddenen Niveauen ubitt fir Leit, déi d'Sprooch, d'Orthographie an d'Geschicht vum Land léiere wëllen. Auslännesch Matbierger wäerten iwwert dës Offer informéiert ginn. D'Zäite vun de Coursen ginn, esou flexibel wéi méiglech, de beruffleche Bedierfnesser vun de Participanten ugepasst. D'Gemeng ënnerstëtzt Coursen fir auslännescht Personal, dat a Betreiber aus der Gemeng schafft an doduerch am Kontakt mat de Gemengenawunner steet.

### **D'Gemengepersonal schwätzt Lëtzebuergesch**

D'Personal, dat vun der Gemeng agestallt gouf a gëtt, muss Lëtzebuergesch schwätzen. D'Personal, dat an der Gemengeverwaltung schafft, muss Lëtzebuergesch um Niveau C1 beherrschen, mëndlech ewéi schrëftlech. Awer och fir d'Personal an de Betreuungsstrukturen, Alters- a Fleegeheemer, déi vun der Gemeng finanziell ënnerstëtzt ginn, ass d'Beherrsche vun der Lëtzebuerg Sprooch obligatoresch.

### **Lëtzebuerg Dag vun der Integratioun**

Mat der ADR géing nieft dem Nationalfeierdag an den internationale Kulturprogrammer zousätzlech all Joer en „Lëtzebuerg Dag vun der Integratioun“organiséiert ginn. Dësen Dag géife mir notzen, fir e gesellegen Aktivitéitprogramm unzebidden, deen e besonneschen Akzent dorop leet, de Wäert vun der Lëtzebuerg Sprooch, Kultur a Geschicht ervirzehiewen an ze vermëttelen. D'Organisatioun muss dobäi Wäert dorop leeën, datt d'auslännesch Awunner och um Programm deelhuele kënnen a mat agebonne ginn.

### **Abiergerungszeremonie**

Ausländer, déi d'Lëtzebuerg Nationalitéit kruten, sollen op der Gemeng empfangen an am Kader vun enger Abiergerungszeremonie häerzlech begréisst ginn. Dëst soll och d'Geleeënheet bidden, op d'Bedierfnesser vun den „neien“ Lëtzebuerg anzegoen – esouwuel wat d'Verdeiwel vun de Lëtzebuerg Sproochekenntnesser betrëfft, wéi och, wat d'Integratioun an d'Gemengeliewen ugeet.

## 4. Versteesdemech fir d'Awunner – vu Jonk bis Al

De massive Bevëlkerungszouwuess an déi haiteg Liewensweis stellen d'Gemenge virun ëmmer méi Erausforderungen an de Beräicher Educatioun a Betreierung vun de Kanner. D'Eltere mussen dacks zu zwee schaffen goen, an d'Kanner verbréngen dann nieft der Schoul och vill Zäit a Betreuungsstrukturen. D'ADR setzt sech um nationale Plang dofir an, datt d'Elteren eng reell Wiel sollen hunn, ob si hir Kanner selwer doheem erzéien, an dann och finanziell ënnerstëtzt ginn, oder ganz, respektiv zum Deel op Betreuungsstrukturen zeréckgräife wëllen.

Fir datt d'Betreuungsstrukturen dëser verantwortungsvoller Aufgab gewuess sinn, muss d'Gemeng sech hei deementspreechend engagéieren an hir Méiglechkeeten a Mëttel gewëssenhaft asetzen. Dat gëllt fir d'Educatioun, d'Betreierung an d'Wuelbefanne vun de Kanner a wäert vun der ADR beim Budget, bei den Investissementer wéi och beim Astelle vu genuch a qualifiziertem Personal ëmgesat ginn.

### D'Grondschoul an d'Betreuungsstrukturen

Et ass an der Gemeng hirer Verantwortung, fir adequat, qualitativ héichwäerteg Schoul- a Kannerbetreuungsstrukturen ze suergen. D'Bevëlkerung an eise Gemengen ass an de leschte Joren ze staark gewuess. Dofir mussen dës Infrastrukturen op hir Kapazitéite gepréift an ugepasst ginn. Och d'Infrastrukture fir de Schoulsport ginn den Ufuerderungen entspreechend ugepasst a wou néideg nei gebaut.

D'Offer fir Plazen an de Betreuungsstrukture muss der Nofro direkt ugepasst ginn, fir Waardelëschte bei Aariichtunge vu Kannerbetreuungsstrukturen ze vermeiden oder méiglechst kuerz ze halen. All Kand muss eng Plaz an der Maison relais kënnen kréien. Et gëtt dobäi och gekuckt, datt d'Offer villfältig a flexibel Optiounen bitt, esouwuel wat d'Konzept vun der Struktur ugeet (z.B. eng Bëschcrèche) ewéi och wat d'Horairen ugeet.

Wat déi kommunal Infrastrukture vun de Bildungs- a Betreuungssewicer (service d'éducation et d'accueil – SEA) betrëfft, falen dës Gebailechkeeten ëmmer nach an de Kompetenzberäich vun der ITM (Inspection du travail et des mines) a vum SNSFP (Service national de la sécurité dans la fonction publique). Dës Iwwerschneidung vum Zoustännegkeetsberäich ass e Problem, well d'Virschreite vun dësen zwou Behörde sech ënnerscheeden, och wann si sech op dat selwecht Gebai bezéien. D'ADR hält et fir wichteg, datt dës Situatioun endlech geännert gëtt, well si d'Plangung an d'Realisatioun vun den SEAs onnëtz erschwéiert a verkomplizéiert. Dofir sollen d'SEAs d'nämmlecht behandelt ginn ewéi d'Schoulen, andeems d'Zoustännegkeet hei eleng dem SNSFP zougedeelt gëtt. Mir wäerten eis um nationale Plang och dofir asetzen.

Mat der ADR ginn dës Strukture reegelméisseg kontrolléiert, ob si d'Konditiounen (Sécherheet, Hygiène, ugepassten Infrastrukturen, Qualifikatiounen vum Personal, asw.) vum Agreement erfëllen. Zu de Betreuungsstrukturen, déi en Agreement brauchen, zielen d'Maison relais, d'Crèche, de Foyer du jour, d'Garderie an d'Dagesmamm. D'Betreuungsstrukture ginn iwwert déi eenzel Quartiere respektiv Dierfer verdeelt, esou datt all d'Elteren a Kanner séier an no bei der Schoul a Betreuungsstruktur sinn. Wann an der Gemeng net genuch Plazen zur Verfügung stinn, muss d'Gemeng eng Alternativ ubidden an erméiglechen. D'ADR wäert besonnesch favoriséieren an dorop Uecht ginn, datt an allen Infrastrukturen Lëtzebuergesch geschwat gëtt. Grad an der Maison relais ass Lëtzebuergeschschwätzen eng Mussesaach.

D'ADR besteet dorop, datt déi ugebuede Betreuungsstrukturen, vun der Infrastruktur a vun der Déngschtleeschung hier, qualitativ héichwäerteg sinn. Dozou gehéieren och d'Versuergung mat lessen an deene genannte Strukturen an d'Offer an der Schoulkantin. Beim Ausschaffe vun de Konventiounen mat externe Sewicer gëtt d'Prioritéit op frësch, regional a saisonal Produkter geluecht. Et muss och méiglech sinn, ofwiesslungsräich, gesond a flexibel Menüer ze offréieren, déi wann néideg un Allergien oder Intoleranzen a bestëmmt lessgewunnechten (vegetaresch, vegan) kënnen ugepasst ginn. Ideologesch

bedéngt Aschränkunge gëtt et mat der ADR net. An de Kantine gëtt och Fleesch ugebueden an op Schwéngfleesch gëtt net verzicht.

De Projet scolaire, d'Qualitéitsmanagement an de Kooperatiounsplang tëscht de Betreuungsstrukturen an dem Schoulsystem wäerte vun eis ënnerstëtzt an ausgebaut ginn. Eng enk Zesummenaarbecht tëscht der Schoul an de Strukture vun non-formaler Bildung, ewéi d'Maison relais, gëtt am Sënn vum Plan d'encadrement périscolaire (PEP) begënschtegt. D'Maison relais gëtt esou organiséiert, datt si net nëmmen de Relais tëscht der Schoul an dem Doheem ass, mee eng weider Méiglechkeet, fir vun engem Programm ze profitéieren, deen um Bildungsweg a bei der Entfaltung vum Kand e Plus duerstellt. Dozou zielen och den Zougang zu enger Bibliothék an zur Informatik, zu engem Turnsall, awer och zur Natur an zu enger Spillplaz, fir dobaussen ze spillen. D'ADR leet grouse Wäert drop, datt d'Kand sech esou gutt wéi méiglech entwéckele kann a genuch Impulser kritt duerch sozial, kulturell, sportlech a kreativ Aktivitéiten.

Fir en optimaalt Fonctionnement ass et dann och wichteg, datt eng gutt an enk Zesummenaarbecht tëscht den Enseignanten an den Educateure méiglech ass. Awer och d'Eltere sinn hei gefrot. Si solle méi agebonne ginn an d'Betreiungsstrukture solle verschidden Educatiouns- a Betreuungsprojeten ubidden, déi mat den Elteren zesumme kënnen ausgeschafft ginn. Et ass wichteg, datt d'Eltere gehéiert ginn a Vertrauen an déi Strukturen hunn, deene si hir Kanner uvertrauen. Aus deem Grond suert d'ADR dofir, datt d'Gemeng den Austausch mat den Eltere stäerkt an d'Elterevereenegung an hirer Aarbecht ënnerstëtzt.

D'Gemengenautoritéiten hunn nëmmen nach ganz begrenzten Afloss bei der Wiel vum Schoulpersonal an et feelt d'Autorisatioun fir dem Schoulpersonal Instruktiounen ze ginn. Dëst féiert zu Schwieregkeete bei der Sécherheet an der Schoul, déi de Gemengekompetenzen ënnerläit, awer nëmmen an Zesummenaarbecht mam Schoulpersonal ka garantéiert ginn. An deem Sënn vertritt d'ADR d'Positioun, datt d'Gemenge weiderhin d'Strukture fir d'Grondschoule bauen, stellen an ënnerhale sollen - dëst selbstverständlech am Respekt vun allen néidege Sécherheetsnormen. De Staat dogéint soll d'Verantwortung fir d'Sécherheitsrisiken am Beräich vum Schoulfonctionnement iwwerhuelen.

Wat d'Schoulmaterial ugeet, besonnesch den techneschen Ekipement, däerfe keng onfair Konditiounen am Bildungswiese geschaf ginn. All Kand muss beim Material, dat fir de Schoulunterrecht noutwenneg ass, iwwert dat néidegt an dat nammlecht Material verfügen, wat iwwert d'Gemenge garantéiert gëtt. D'ADR ass awer der Meenung, datt d'Informatikmaterial soll vum Staat gestallt ginn, fir datt desen Ekipement an alle Grondschoulen den nammlechten ass an och net vum Gemengebudget ofhänkt.

Nieft de schouleschen Aktivitéiten ënnerstëtzt d'Gemeng zousätzlech och Projeten an Initiative mat pedagogeschem a soziale Wäert, déi net duerch d'Schoul organiséiert ginn. An Zesummenaarbecht mat de Gemengeveräiner gëtt och während de Schoulvakazen eng villfältig Offer vu Fräizäitaktivitéite fir d'Kanner (z.B. an de Beräicher Sport a Bewegung, Kultur, Musek a Konscht, Ëmwelt an Natur, asw.) gebueden.

D'Spillplazen an de Pausenhaff vu Strukturen an der formaler an non-formaler Bildung mussen den néidege Sécherheetsufuerderungen entsprechen. Si sollen net als Bëtongsfeld, mee naturno konzipéiert ginn an duerch Villfalt a genuch Raum d'Bewegung an d'Entfaltung vun de Kanner féerden.

D'Gemeng ënnerstëtzt d'Entfaltung vun alle Kanner, dofir ass d'Inklusioun e wichtegen Aspekt. Och Kanner mat spezifische Bedierfnesser däerfen net ausgeschloss ginn. Bei Fräizäit- a Vakazenaktivitéiten, déi d'Gemeng offréiert, ginn d'Bedierfnesser vun dese Kanner berécksiichtegt. An deem Sënn gëtt d'Offer ugepasst an och all déi kommunal Infrastrukturen, déi deem bis haut nach net gerecht ginn. Fir dëst ze erméiglechen, soll all Betreuungsstruktur op d'mannst eng Persoun ënnert dem Personal hunn, déi eng entsprechend Formatioun ofgeschloss huet, fir Kanner mat spezifische Bedierfnesser déi néideg Ënnerstëtzung ze ginn. Mat ugepasste Konzepter soll all Kand kënnen gefërdert ginn. An Zukunft soll dat eng Konditioun ginn, fir datt eng Betreuungsstruktur den Agreement kritt a behale kann. D'ADR setzt sech dofir an, datt dëst eng Realitéit gëtt.

D'ADR wäert dat musikalescht a kulturellt Intressi vu Kand u fërderen. Fir Kanner, déi dëst wënschen, ginn dofir extra Musekcoursen no der Schoul organiséiert. Dës ginn an Zesummenaarbecht mat der UGDA, de kommunalen oder regionale Musekschoulen an de kommunale Musekveräiner organiséiert. D'ADR setzt sech generell fir méi kulturell Aktivitéite fir eis Kanner a Jonker an, esou wéi och fir all déi aner. Wa si wëllen e Musekinstrument spillen, sängen, Theater spillen, asw., musse mir d'Kanner begeeschteren an dobäi ënnerstëtzen.

### **Déi Jonk an der Gemeng**

Et ass noutwenneg, en adequat Ëmfeld ze schafen, fir datt déi Jonk sech an der Gemeng wuelfillen. Nëmmen esou kënnen eng Partizipatioun um lokale gesellschaftleche Liewen, en Engagement an domat eng sozial Integratioun entstoen. Dëst ass och de Schlëssel zum gestärkte Bewosstsi fir d'Benevolat. Et ass vu grousser Bedeitung fir eis Gesellschaft an d'sozial Kohäsion. Déi Jonk mussen eescht geholl a mat agebonne ginn.

Bei kommunalpoliteschen Decisioune mussen déi Jonk aktiv mat bedeelegt ginn. Wann d'Gemeng de Jonken déi Méiglechkeet gëtt, da ginn hir Virstellungen, Bedierfnesser an Iddien an der Entwécklung vu kommunale Projete mat berécksiichtegt a verschafft. Esou gëtt och scho fréi e politescht a gesellschaftlecht Engagement ugereegt a gefërdert. Dëst ass wichteg, well déi Jonk vun haut sinn déi Erwuesse vu muer. Dofir gëtt, am Sënn vum Jugendparlament um nationalen Niveau, och um Gemengenniveau e Jugendgemengerot geschaf, fir si esou un de kommunalen Entscheidungsprozesser ze bedeelegen.

D'Gemeng muss deene Jonke selbstverständlech e Jugendtreff oder -haus bereetstellen. Dobäi ass et wichteg, datt déi lokal Jugendorganisationen net just an d'Notzen, mee och an d'Verwaltung vun där Struktur mat agebonne ginn. D'Gemeng bitt eng villfältig Offer u Fräizäit- a Vakanzenaktivitéiten a riicht Plazen an, wou déi Jonk sech kënnen treffen an ophalen oder sportlechen Aktivitéite kënnen nogoen. Dobäi ginn déi ënnerschiddlech Bedierfnesser vun de verschiddeenen Altersgruppe berécksiichtegt a si mussen esouwuel den Intressie vu Jongen ewéi vu Meedercher gerecht ginn. Donieft muss fir jonk Mënsche mat spezifische Bedierfnesser den Zougang garantéiert sinn.

D'ADR bezitt déi Jonk selbstverständlech beim Plange vun Aktivitéiten a Strukturen, vun deene grad si profitéieren, mat an, awer och net nëmnen do. Si solle scho fréi bei den Entwécklungen an der Gemeng agebonne ginn. Dozou gehéieren d'Flächennotzung an d'Plangung vu Gréngflächen, d'Mobilitéit an d'Verkéisernetz, a villes méi.

Fir hir Selbstännegkeet ze fërderen an ze stäerken, verbessert d'ADR deene Jonken hir Mobilitéitsméiglechkeeten. D'Gemeng muss fir gutt a sécher Fouss- a Vëlosweeër suergen an hinnen déi beschtméiglech Bedéngunge beim Gebrauch vum öffentlechen Transport schafen, ënner anerem duerch Late-Night-Busser an aner Spezialbusser.

Deene Jonken hir Zukunft ass der ADR immens wichteg. Dowéinst wëlle mir hiert Bewosstsi fir d'Beruffswelt an hire Bildungswee stäerken. Mir suergen also dofir, datt iwwert de Jugendgemengerot an d'Jugendhaiser - an Zesummenaarbecht mat de Gemeengeverwaltungen, den techneschen Déngschter, der Maison relais an och mat de lokale Firmen - Aktivitéiten ugebuede ginn, déi deene Jonken en Abléck an d'Beruffswelt ginn. Heifir muss e Konzept fir Projeten zur beruflecher Orientéierung mat de Gemengen ausgeschafft an ofgeschwat ginn.

D'Gemeng bitt deene Jonken an enger grousser Zuel d'Méiglechkeet, fir an de Vakanzen an der Gemeng ze schaffen. Fir dëst ze organiséieren an eng méiglechst grouss a villfältig Offer ze bidden, wenn si sech och direkt un déi lokal Betriber.

### **Eis eeler Matbierger**

Der ADR ass et wichteg, datt och déi eeler Matbierger net vergiess ginn an och besonnesch u si geduecht gëtt. Si solle sech net um Rand, mee an der Mëtt vun eiser Gesellschaft erëmfannen. Eeler Leit leide schonn

dacks ënnert dem Elengsinn. Dowéinst ass et eis wichtig, datt der sozialer Isolatioun hei aktiv entgéintgewierkt gëtt.

D'Politik an d'Gestaltung vun der Gemeng sollen all Generatioun berécksiichtegen, mat abannen a verrieden. Deementspreechend wäerte mir och den eelere Leit eng aktiv a vollstänneg Partizipatioun um gesellschaftleche Liewe bidden. Ausserdeem soll déi eelere Generatioun, grad ewéi déi Jonk, en interaktiven Zougang zur Gemengepolitik hunn a sech konkret an direkt un hir bedeelege kënnen.

Eis eelere Matbierger sollen deelhuele kënnen, matschwätzen dāerfen an et soll hinnen nogelauschtert ginn. Mir als ADR wäerten derfir suergen.

### **D'Aarmut geziilt bekämpfen**

Mat der ADR am Gemengerot ass a bleift d'Gemeng an der Pflicht, fir deene sozial méi schwache Matbierger ze hëllef, esou séier ewéi méiglech nees e vu Sozialleeschungen onofhängegt Liewen ze féieren. Fir d'ADR ass et nämlech wichtig, datt och dës Leit e Liewen an Dignitéit féieren. Zur Dignitéit gehéiert, datt d'Leit Eegeverantwortung fir hiert Liewen iwwerhuele kënnen an net op speziell Hëllef vu Staat a Gemeng ugewise sinn.

Elengerzéiender si besonnesch heefeg vum Aarmutsrisiko betraff. Mee och aner Famillje mat spezifesch Bedierfnesser sinn dacks an der Situatioun, datt si Ufroen op verschiddene Plaze musse maachen, fir vu bestëmmte Leeschungen an Ënnerstëtzung profitéieren ze kënnen. D'ADR wäert den Zougang fir déi betraffe Leit zum enge vereinfachen (z.B. no der Iddi vum Guichet unique) an zum anere garantéieren. Um regionalen Niveau gëtt den Zougang verbessert, andeems mir e flächendeckende Reseau vu Sozialbüroer konsequent ënnerstëtzen, de Personalschlüssel upassen an d'Hëllefsméiglechkeeten erweideren.

Mir suergen dofir, datt d'Gemeng Associatiounen ënnerstëtzt, déi am soziale Beräich aktiv sinn. Esou soll duerch finanziell Ënnerstëtzung an/oder Infrastrukture gefërdert ginn, datt esou Servicer, wéi e Sozialbuttek oder en Cent-Buttek an der Gemeng, oder op d'mannst an der Regioun, kënnen bedriwwe ginn. Dëst ass wichtig a fir vill betraffe Leit eng grouss Hëllef.

D'Schoulmaterial, besonnesch wat den techneschen Ekipement betrafft, dāerf net fir onfair Konditiounen am Bildungswiese suergen. D'Gemenge musse garantéieren, datt all Schoulkand iwwert dat nāmmlecht, fir den Unterrecht néidegt Material verfüegt. D'ADR ass awer der Meenung, datt d'Informatikmaterial soll vum Staat gestallt ginn, fir datt dësen Ekipement an alle Grondschoulen den nāmmlechten ass an och net vum Gemengebudget ofhānkt. Iwwerdeems wäerte mir och déi finanziell Ënnerstëtzung fir schoulesch Leeschungen upassen an erhéijen.

D'Gemengen, besonnesch déi grouss, hu Méiglechkeeten, fir der Aarbechtslosegkeet op lokalem Niveau entgéintzewierken. An deem Sënn wäert d'ADR et ënnerstëtzen, wann d'ADEM weider regional Büroer schafft an esou den Zougang vereinfacht. Och Aarbechtsbeschäftegungsmoosnamen op lokalem Niveau kënnen envisagéiert ginn.

D'Gemengentaxe kënnen e grousst Lach an engem wierklech klenger Familljebudget hannerloossen. De Prinzip vum „Pollueur-Payeur“, deen u sech ze begréissen ass, belaascht dës Leit allerdéngs besonnesch staark. Duerfir géing d'ADR hei progressiv gestaffelt Taxen duerchsetzen. (Kuckt och d'Kapitel 21. De Wäert vu Waasser a propperen Uertschaften unerkennen)

D'ADR ënnerstëtzt, datt d'Gemeng d'Schafe vun erschwénglechem Wunnraum fërdert a selwer dran investéiert. Dobäi wäerte mir derfir suergen, datt dës Wunnraum net just der ekonomescher Situatioun vun der Bevëlkerung ugepasst ass, mee och ënnerschiddlech perséinlech Situatiounen gi berécksiichtegt, fir datt d'Leit, déi dës Wunnraum notzen, net op hir Liewensqualitéit verzichten müssen, weder well bei der Konstruktioun u Baumaterialie gespuert gouf, nach well de Wunnraum ze knapp gerechent an ausgeluecht ass.

## 5. Biergerbedeegung, Digitaliséierung a Medien - um Bols vun der Zäit

Et ass an der Gemeng, wou de Bierger am einfachsten en direkt Matsproocherecht an der Politik kann hunn. D'ADR setzt sech an, fir an der Gemeng déi direkt politesch Partizipatioun an Transparenz ze erhalten, a wann nëmme méiglech, nach weider auszubauen. Dobäi leeë mir och grouse Wäert drop, datt de Pluralismus u politeschen Iddien, Standpunkter an Informatiounen garantéiert gëtt, a kommunal Informatiounsmedien net fir eesäiteg Propaganda genotzt ginn. D'Awunner solle vun hire Gemengen a méi Sproochen, dorënner ëmmer och Lëtzebuergesch, informéiert ginn. Bei wichtegen Aktiounen vun der Gemeng, wéi z.B. bei gréissere Bauprojeten, mussen d'Awunner mat Zäiten informéiert ginn a matbestëmme kënnen.

### De Referendum entscheet

D'ADR ass dofir och fir méi direkt Demokratie um kommunalen Niveau, z.B. duerch méi Decisiounen iwwert de Wee vum Referendum. D'Modalitéiten, fir e lokale Referendum um Gemengenniveau ze realiséieren, mussen nach vereinfacht ginn, z.B. mat der Méiglechkeet, digital Ënnerschrëfte sammeln ze kënnen. D'Biergerbedeegung ass der ADR ganz wichteg. Dofir muss aus eiser Siicht bei Grouss- oder Laangzäitprojeten an deemtsprechenden Investissementer fir d'éischt e Referendum ofgehale ginn, bei deem d'Awunner mat entscheede kënnen, ob si dee Projet an hirer Gemeng wëlle realiséiert hunn an ob si mam Investissement, deem d'Gemeng maache wëllt, averstane sinn. De Referendum huet eng verbindlech Funktioun an d'Resultat muss respektéiert ginn.

### Gemengerotssätzungen

Fir eng méi direkt Demokratie seriö ëmzesetzen, mussen d'Bierger transparent, korrekt a vollstänneg informéiert ginn. De Sätzungskaalenner an d'Dagesuerdunge vu Gemengerotssätzungen mussen fir d'Awunner disponibel an ëffentlech zougänglech sinn. D'Sätzungen sollen iwwer Livestream digital iwwerdroen an archivéiert ginn. Ausserdeem soll no all Sätzung en objektiven a politesch neutrale Protokoll oder op d'mannst e sachlechen, analytesche Bericht vun den Diskussiounen publizéiert ginn. Dës soll net just am Reider, mee och um Internetsite vun de Gemengen an iwwer aner nei technologesch Kommunikatiounsmëttel verëffentlecht ginn, an dann och an engem raisonnablen Zäitraum un all Stéit verdeelt ginn. Fir datt d'Awunner un ëffentleche Gemengerotssätzungen och kënnen deelhuefen, ginn dës wa méiglech baussent den normalen Aarbechtszäiten organiséiert. Am Kader vun de Gemengerotssätzungen ginn dann och Froestonnen fir d'Ëffentlechkeet agefouert.

### Biergerversammlungen

Am Gemengerot wäert d'ADR och derfir suergen, datt reegelméisseg Biergerversammlungen organiséiert ginn. Hei soll de Gemengerot d'Awunner iwwer lafend an envisagéiert Projeten opklären. Iwwerdeems hunn d'Bierger d'Méiglechkeet, hir Uleies a Froen un de Rot ze riichten an esou eng direkt Diskussioun mat dësem ze féieren. Och fir dës Treffere soll d'Gemeng eng Live-Iwwerdroung organiséieren an d'Videomaterial digital archivéieren. Weider sollen d'Awunner d'Méiglechkeet kréien, sech mat spezifeschen Uleies un de Schäfferot ze wenden. Dofir ginn offiziell Spriechstoune vum Schäfferot virgesinn. Fir d'ADR ass et wichteg, datt bei esou Versammlungen ëmmer esouwuel d'Majoritéit ewéi och d'Oppositioun an de Gemengen hir Positionen kënnen duerleeën.

### Verwaltungsgäng

Verwaltungsgäng sollen de Leit esou einfach wéi méiglech gemaach ginn. D'ADR ass der Meenung, datt déi administrativ Dokumenter, Formulieren an Demarchen och all sollen digital kënnen ugefrot an erleeedegt ginn. De komplette Virgang vun der Ufro, iwwert d'Ausfëllen, bis hin zum Aschécke soll digital erméiglecht

ginn, an dëst an den dräi administrative Sprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Do, wou et néideg ass, kann d'Gemeng iwwert de bekannte Luxtrust-System d'Identitéit kontrolléieren. Gläichzäiteg muss d'Méiglechkeet awer weider bestoe bleiwen, fir all Etapp vun der Demarche analog respektiv op der Gemeng selwer ze maachen. D'Digitaliséierung däerf net zum Virwand geholl ginn, fir den direkte Kontakt mam Bierger op e Minimum ze beschränken. Et soll jiddereen d'Wiel hunn, wéi en dës Virgäng ofwéckele wëllt, onofhängeg vu senger Grënn. Dozou kéint d'Gemeng, duerch en anert Plange vun den Horairen, och baussent den „normalen“ Bürosstonne fir dës Demarchen accessibel sinn. Ganz nom Prinzip vum „Guichet unique“ soll d'Gemeng och fir déi staatlech Verwaltunge kënnen Demandë vun de Bierger entgéin huelen a si dobäi beroden.

Am Fall vun engem Verfassungsreferendum muss d'Gemeng un all Awunner schreiwen, fir hien ze informéieren. A während der ganzer Dauer vun der Prozedur mussen d'Medie vun der Gemeng dës Prozedur als wichtegst Neiegkeet presentéieren.

### **App fir d'Gemeng**

D'ADR suergt dofir, dass d'Gemeng, mat Ënnerstëtzung vum Syndicat Intercommunal de Gestion informatique (SIGI), niert hirem Internetsite och hir eegen App kritt. Esou sollen d'Awunner iwwer „Pushnotizen“ Informatiounen an Neiegkeeten a Besuch op hir Gemeng respektiv Regioun esou séier ewéi méiglech kréien. Och hei muss opgepasst ginn, dass d'Notze vun der App e Plus ass fir Leit, déi esou eng App an dës Kommunikatiounsweg virzéien. D'App däerf keng Exklusivitéit hunn an et muss allzäit garantéiert sinn, dass d'Awunner och iwwer aner Weeër zäitno a komplett informéiert ginn.

### **Lokalen Televisiounskanal**

D'Gemeng kann, iwwer Kabel-TV an/oder Internet, och e lokalen Televisiounskanal bedreiwen. Dës soll prioritär de lokale Veräiner zur Verfügung stoen an zur audiovisueller Dokumentatioun vum Gemengeliewe bäidroen. Heifir soll en Deontologieskodex ausgeschafft ginn, an de lokalen Televisiounskanal däerf net fir eesäiteg politesch Propaganda méissbraucht ginn. Eng Televisioun op Gemengenniveau ass ëffentlech-rechtlech a muss der Majoritéit an der Oppositioun gläich vill Plaz ginn, fir hir Standpunkte ze verrieden.

Och de Gemengebuet misst no dësem Prinzip handeln. D'Gemengegesetz bestëmmt awer nach keng spezifesch Krittäre fir d'Inhalte vum Gemengebuet. Fir ze garantéieren, dass de Gemengebuet politesch neutral ass an d'politesch Oppositioun vum Schäfferot - deen Editeur vum Buet ass - an deem Sënn och fair hei behandelt gëtt, wäert d'ADR sech dofir asetzen, dass e legalen Encadrement vum Gemengebuet am Kader vun der Refonte vum Gemengegesetz geschaf gëtt. Et ass wichteg, dass bei esou Gemengepublikatiounen onparteiesch an objektiv informéiert gëtt.

### **Datesécherheet**

Doduerch, dass ëmmer méi iwwert den digitale Wee gereegelt gëtt, ass et wichteg, dass d'Gemeng fir hir ganz digital Aarbechten a Services e gutt a passend Sécherheetskonzept huet, fir déi vill sensibel Donnéeën ze schützen. Den Dateschutz muss mat aller Seriositéit behandelt ginn.

Perséinlech Donnéeën sinn Informatiounen vu Privatleit, déi och solle privat bleiwen. Et handelt sech also ëm sensibel Informatiounen, iwwert déi d'Leit eng gewëssen Handhab behale mussen. D'ADR ass wuel fir Transparenz, virun allem wann et ëm den ëffentlechen Intressen geet. Allerdéngs si mir och ganz kloer fir den Dateschutz. An deem Sënn ass d'ADR der Meenung, dass d'Bierger solle wëssen, wat fir Donnéeën d'Gemeng vun hinne sammelt a woufir si dës Donnéeën brauch. Dofir soll d'Gemeng eemol d'Joer hir Awunner kontaktéieren, fir si ze informéieren, wat fir perséinlech Donnéeën si vum Bierger gesammelt huet, woufir si dës gebraucht huet, wéi laang dës gespäichert bleiwen an ob fir de Bierger eng Méiglechkeet besteet, verschidden Donnéeën eventuell läschen ze loossen. Iwwert den digitale Wee soll de Bierger d'Méiglechkeet hunn, dës zu all Abléck kënnen nozekucken.



## Digitalisierung an Accès fir all Awunner

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Gemeng den Zougang iwver digital Medie méiglechst breet opstellt. Fir d'Leit bei der Notzung vun dësen ze ënnerstëtzen, ginn Initiatiouns- a Weiterbildungscoursë fir d'Awunner ugebueden.

Wann d'Digitalisierung an d'Offer un der digitaler Bedeelegung bei kommunalen Ugeleeënheiten ausgebaut gëtt, muss natierlech och fir déi néideg Infrastruktur gesuergt ginn. Aus deem Grond wäert d'ADR sech dofir asetzen, datt all Duerf a Quartier an der Gemeng un d'Glasfasernetz ugeschloss gëtt.

Doduerch, datt d'Digitalisatioun an eiser Gesellschaft eng ëmmer méi grouss a méi wäitreechend Roll spillt, däerfen hei a bei der Biergerbedeelegung allgemeng déi verschidden Altersgruppen (Kuckt och d'Kapitel 4. Versteesdemech fir d'Awunner - vu Jonk bis Al & d'Kapitel 8. Matgefill a Respekt fir eis eeler Matbierger) an den Accès ouni Barriären (Kuckt och d'Kapitel 9. Empathie fir Leit mat spezifesche Bedierfnesser) net vergiess ginn. D'Gemeng huet dofir ze suergen, datt Neiegkeeten, Informatiounen, offiziell Publikatiounen an administrativ Demarchë fir jiddereen zougänglech a méiglech sinn.

Et muss also drop opgepasst ginn, datt nieft dem digitale Wee ëmmer och den analoge Wee méiglech ass. Wichteg Informatiounen a Matdeelunge müssen nieft dem Lëtzebuergesch och nach op Franséisch an Däitsch vermëttelt ginn, esou wéi an enger weiderer Form fir Leit mat visueller Beanträchtegung an a lichter Sprooch fir Leit mat Schwierigkeete beim Liesen a Verstoe vun Texter. Donieft kënnen nach aner Sprooche benotzt ginn. Bei Walen a Referende müssen déi dräi administrativ Sprooche vum Land benotzt ginn. Net just d'Infrastruktur muss behënnertegerecht ugeluecht sinn, mee och d'Walziedele sollen duerch d'Brailleschrëft ergänzt ginn. Op dës Manéier hätten déi betraffe Leit och d'Méiglechkeet, fir anonym an ouni friem Hëllef ze wielen oder ofzestëmmen.

Wann Dir d'ADR an de Gemengerot wíelt, da wäerte mir derfir suergen, datt déi genannte Punkten an Ärer Gemeng realiséiert ginn.

## **6. Natur an eis Uertschafte bréngen**

D'ADR wäert derfir suergen, datt nees méi Natur a méi Biodiversitéit an eisen Uertschaften ass. Fir eis ass d'Erhale vun engem intakten Ökosystem eng politesch Verflchtung. Mir ënnerstëtzen dofir och d'Iddi, datt Gemenge sech zu Naturschutz-Syndikater zesummeschléisse kënnen. Esou Synergië kënnen weider Méiglechkeete schafen, fir sech fundéiert a verstärkt ëm den Naturschutz ze këmmere.

### Gréngzonen

D'ADR wäert sech am Gemengerot dofir asetzen, datt d'Natur an deenen neie PAgE geschützt a gefërdert gëtt, fir datt eis Uertschafte méi Gréngs kréien an d'Awunner nees méi Natur an hirem Alldag erliewen. D'Erweiterung vum Bauperimeter bleift d'Ausnam, ouni en Tabu ze sinn. D'Iwwerschwemmungsgebieder müssen iwverdeems kloer ausgewise ginn. D'Naturschutzzonen, déi am Bauperimeter leien a schonn als Bauzonen ausgewise waren, kënnen nees als Gréngzon ausgewise ginn, allerdéngs ënner Berécksiichtegung vun de Propriétéitsrechter. Hei kéint d'Gemeng esou Gréngzonen, z.B. iwwert den Austausch vun Terrainen, nei definieren.

### Gemeinschaftsgäert a Schrebergäert

Den direkte Kontakt mat der Natur huet eng entspannend Wierkung. Dowéinst ëmpfanne vill Leit d'Gaardenaarbecht als erhuelsem Ofwiesslung zum stressegem Alldag, deen ze dacks duerch digital Technik gepräägt ass a vill ze wéineg duerch d'Natur. Gaardenaarbecht ass deemno fërderelech fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet. A wien Uebst a Geméis a sengem Gaart plantz, zitt duebelen Notzen draus, well en och nach vu gesonde Liewensmëttel aus eegenem Ubau profitiert. Gemeinschaftsgäert

bidden deemno e Kader, an deem Leit sech begéinen, erhuelen an sech zesummen engagéieren. An engem Gemeinschaftsgaart gëtt zesumme geplanzt, gefleegt an erausgeholl. Dat huet och e positiven Afloss op de Gemeinschaftssënn a begëschtegt eng gutt Noperschaft.

Gemeinschaftsgäert a Schrebergäert sinn e ganz sënnvolle Bäitrag fir den Naturschutz an d'Liewensqualität. Dofir wäert d'ADR an de Bebauungspläng a Bautereglemter fir Gemeinschaftsgäert a Schrebergäert reservéiert Flächen integréieren. Do, wou d'Awunner e Bedierfnes mellen, suerge mir derfir, datt d'Gemeng déi néideg Flächen zur Verfügung stellt. D'Gemeng hëlleft dann och beim Ariichte vu Gemeinschaftsgäert, wann d'Awunner dëst wënschen.

### **Insekteschutz**

D'Erhalen an d'Fördere vu wëlle Beien, Päiperleken an anere Bestäuber ass eng wichteg Aufgab, där sech d'ADR an der Gemeng unhuele wäert. An deem Sënn ënnerstëtze mir och d'Beienziichter an hiner wäertvoller Aarbecht. Bestäubend Insekten spillen nämlech eng entscheidend Roll an eisem Ökosystem. Mir hunn haut schonn e Réckgang vu méi wéi 80 Prozent bei de wëlle Blummenaarten. Fir deem entgéintzewierken, müssen déi bestäubend Insekten déi néideg Ënnerstëtzung kréien. Dofir wäert d'ADR Gréngflächen, déi der Gemeng gehéieren oder vun hir ënnerhale ginn, nom Prinzip vun enger gesonder Natur verwalten. Zu dësem Zweck wäerte mir:

- méi Blummen (Stauden oder Wisen), Beem, Traisch planzen;
- d'Vegetatioun manner stéieren a méi wëll wuesse loossen, ausser wann dat kann zu Sécherheetsrisiken oder gravéierenden ästheetesche Problemer féieren;
- Näschter vun Insekten an lwwerwanterungsplazen, wann a wou et méiglech ass, net stéieren;
- net esou dacks méinen, nom Prinzip vum spéide Méinen (fauchage tardif), mat Ausnam vu Plaze mat Prestigecharakter;
- d'Natur esou mann wéi méiglech mat Toxinen (z.B. Pestiziden) belaaschten.

Gréngfläche kënnen Wise sinn, ewéi och bestäuberfrëndlech Staudenbeete a Blummewisen, déi den Insekten vill Liewensraum loossen. Dat fërdert d'Biodiversitéit, mécht manner Aarbecht, gesäit schéin a frëndlech aus an et bedeit manner Opwand ewéi d'Fleeg vum Wuess.

### **Gewässer a Fiichtgebieder**

Och Stëllgewässer sinn en Hotspot fir déi heemesch Biodiversitéit. Schon 80 Prozent vun eise Fiichtgebieder existéieren net méi. Domat si vill heemesch Déieren, déi a Weieren an Dëmpelen liewen, bedrot oder esouguer schonn ausgestuerwen. Dozou kënnt, datt e gutt ausgebautent Gewässernetz wichteg ass, fir d'Wanderungen an de genetesch Austausch vun dësen Déieren ze erméiglechen, an domat d'Inzucht ze vermeiden. Dat mécht et zu enger besonnesch wichtiger an drénglecher Aufgab vum Naturschutz, datt Stëllgewässer a Fiichtgebieder renaturéiert an nei ugeluecht ginn. D'ADR wäert sech dëser Aufgab unhuelen. Et geet natierlech net duer, dës Gewässer ze renaturéieren an nei unzeleeën. Mir wäerten och fir déi néideg a passend Fleeg suergen, fir Verbuschungen an en Zouwuessen ze vermeiden.

### **Gréngflächen an der Uertschaft**

D'ADR suert fir méi Gréngs an der Uertschaft, an de Stroossen an op öffentleche Plazen. Bestoend Gréngflächen ewéi Hecken, Beem oder och Waasserleef müssen an d'Plange vun neie Bauprojeten a Siidlungen integréiert ginn. Wa Stroossen erneiert an Immobilie renovéiert ginn, muss gepréift ginn, ob a wéi eng Begréngung hei méiglech wier. Dat gëllt ganz besonnesch bei staark verdichtete Plazen oder Quartieren. Et sinn net ëmmer grouss Gréngflächen néideg. Och en Netz vu ville klengen begréngte Flächen esou wéi „Pocket Parks“ kënnen fir e groussen Ënnerscheid suergen. D'ADR wäert drop halen, datt d'Gréngflächen esouwäit wéi méiglech matenee vernetzt ginn. Dëst och iwwert d'Uertschaften eraus, well doduerch Biotoper fir vill Déieren a Planzen entstoe kënnen.

Dozou brauch den urbane Raum Gréngfläche mat Beem, déi och méi laang ouni Reen auskommen, natierleche Schied spenden an zum Héichwaasserschutz bäidroen. D'Natur kann a soll op eng virdeelhaft an effikass Manéier an de Stied an Dierfer integréiert ginn. Bei der richteger Uluecht kann d'Begréngen hei eng effikass Hëllef si géint Hëtzt an Héichwaasser. Gréngfläche gi bei Wäitem net esou waarm ewéi schwaarzen Asphalt, deen d'Hëtzt fërmlech opsaugt. D'Beem geheie Schied a killen d'Loft duerch d'Verdonstung of, ausserdeem verbessere si d'Loftqualitéit. Dozou kënnt, datt Gréngflächen d'Reewaasser opfänken an doduerch den Iwwerschwemmungsrisiko reduzéieren. (Kuckt och d'Kapitel 21. De Wäert vu Waasser a propperen Uertschaften unerkennen)

### **Parkplaze méi gréng**

D'ADR wäert d'Parkplaze ganz sécher net ofschaffen oder reduzéieren. Allerdéngs wäerte mir derfir suergen, datt de Buedem fir nei Parkplazen net méi versigelt gëtt an d'Autoen op Rasengitter parken. Mir wäerten och kucken, fir en Deel vu bestoende Parkplazen ze entsigelen an och do e Rasengitter unzeleeën. Domat kann trotz Parking d'Reewaasser an de Buedem sickeren an de Buedem gëtt och net esou waarm, wouduerch d'Belaaschtung duerch d'Hëtzt verringert gëtt.

### **Industriegebidder manner gro**

Industriezone kéinte konsequent ofgegrenzt gi mat engem gréng Kader, bestoend aus eenheemesche Beem, Traisch an Hecken. An deem Sënn soll d'Gemeng geziilt Betriber an den Industriezone fir naturno Gréngfläche sensibiliséieren a si iwwert eng gratis fachmännesch Berodung dozou encouragéieren an ënnerstëtzen.

### **Méi Gréngs fir méi Liewensqualitéit**

D'Planzen, d'Déieren an d'Mënsche profitéieren dovunner, wann d'Stied an d'Dierfer méi gréng an naturno ugeluecht sinn. Beem, Hecken, Stauden, Traisch, Gréngflächen, Gäert, Parkanlagen, Daach- a Fassadabegréngungen, asw. sinn alles Mëttelen, fir eng besser Liewensqualitéit ze schafen, vun där mir alleguer nëmme profitéiere kënnen. Si wierken ewéi kleng Naturoasen am urbane Raum an déngen als Trittbrettbiotoper fir vill Déieren- a Planzenarten. Dowéinst wäerte mir déi hei genannte Mëttelen - Beem, Hecken, Stauden, Traisch, Gréngflächen, Gäert, Parkanlagen, Daach- a Fassadabegréngungen, Flächenentsigelung, onversigelt a begréngte Flächen, natierlech Baachleef a Kullangen (Rigollen) - geziilt a méiglechst vill asetzen, fir eng méi gréng an naturno Uertschaft ze schafen.

Méi Natur an de Stied an Uertschaften steigert d'Wuelbefanne vun den Awunner. De Kontakt mat der Natur wierkt sech op vill Manéiere positiv op eis aus. Planze fërderen d'Mateneen a schafen attraktiv Raim, fir sech ze begéinen. D'Leit hale sech gär an esou engem liewege Wunnraum op, deen net just aus groem Bëtong besteet. Si loosse sech och éischer zu Fräizäitaktivitéiten dobausse motivéieren, wat fërderlech ass fir d'Wuelbefannen an d'Gesondheet.

Et bedeit awer och eng besser Loftqualitéit a manner Kaméidi. Beem an Traisch kënnen d'Feinstaubkonzentratioun an der Loft reduzéieren. Weider nach ginn Ozon a Stéckoxider duerch d'Planzen aus der Loft gefiltert. An net ze vergiessen, banne si den CO<sub>2</sub> a produzéiere Sauerstoff. Iwwerdeems kann de Verkéierskaméidi duerch Planzestrukturen däitlech reduzéiert ginn.

Méi Gréngs an de Stied hëlleft och gutt, fir d'Konsequenze vu Wiederextremer ze reduzéieren. Onversigelt a begréngte Flächen, Beem, natierlech Baachleef, Kullangen (Rigollen) a begréngten Diecher fänken d'Reewaasser op an halen et zeréck. Do versickert a verdonst et da lues, a wärenddeem gëtt d'Ëmgéigend ofgekillt, d'Grondwaasserreserve ginn opgefëllt an d'Kanalisation gëtt och nach entlaascht. Esou kënnen d'Follge vu staarkem Reen ofgeschwächt ginn an den Iwwerschwemmunge gëtt entgéintgewierkt. Planze killen hiert Ëmfeld net just of, andeems si Waasser verdonsten, mee och duerch de Schiet, dee si maachen. Esou suerge Fassadabegréngungen an och Beem an Traisch ëm d'Haiser derfir, datt et bei staarker Hëtzt

net esou waarm am Haus gëtt. Dëst ka sech och positiv op den Energieverbrauch auswierken, well d'Temperaturschwankungen net esou staark sinn.

Dat alles si Grënn a Méiglechkeeten, déi d'ADR an der Gemeng notze wëll, fir Natur- an Ëmweltschutz op lokalem Niveau ze fërderen an den Awunner nees méi Liewensqualitéit ze schenken. Si sollen an enger Gemeng liewen, an där si sech wuel fillen a wou si sech gär ophalen.

# Wéi mir d'Liewensqualitéit am Detail verbessere wëllen

## 7. Zesumme liewen an enger lieweger Gemeng

Solidaritéit a sozial Gerechtegkeet si gesellschaftlech Aspekter, déi zu enger gudder Liewensqualitéit vun de Mënsche bäidroen. Am Textdeel „D'ADR huet 6 Prioritéite fir d'Gemeng“ goufe schonn zentral Punkten dozou (z.B. d'Familljen an de Wunnengsbau) am Detail virgestallt.

D'Solidaritéit géintwuer de Matbierger am héijen Alter an deene mat Krankheeten a spezifesche Bedierfnesser ass eng wichteg Viraussetzung, wann een déi betraffe Leit net gesellschaftlech ausschléisse wëll. D'Gemeng muss mat spezialiséierte Veräiner, Associatiounen, intergenerationelle Projeten an Hëllefsgéngschter dobäi hëllef, datt dës Leit net aus dem gesellschaftlechen, kulturellen a sportleche Liewen ausgeschloss ginn.

Zur Liewensqualitéit an zur sozialer Kohäsion gehéiert och, datt e liewegen Duerf- oder Quartierszentrum besteet, mat den néidegen Géngschter wéi enger Epicerie, enger Bäckerei, engem Zeitungskiosk, enger Postfilial, enger Bankfilial mat Bancomat a mat Gesondheitsgéngschter (Apdikt, Praxis vun Dokteren). Hei kann d'Gemeng intervenéieren, z.B. iwwert de Wee vun der Locatioun. Dat ass wichteg, grad och fir déi Leit, déi duerch kierperlech Aschränkungen net esou mobil sinn. Esou kënne si hir Haaptugeleeënheeten a Besuegung fir den Alldag wa méiglech selbstänneg an ouni laang Weeër erleedegen. Fir d'ADR geet et dorëm, nees méi Liewen an eis Dierfer an eis Gemengen ze bréngen, well vill Dierfer, besonnesch ronderëm d'Stad, sech zu Schlofdierfer entwéckelt hunn, ouni Geschäfte an ouni kommunaalt Zesummeliewen. Egal ob d'Epicerie am Duerf, d'Bankfilial oder de Postbüro, mir suergen derfir, datt dës Servicer mussen an der Gemeng ugebuede ginn.

## 8. Matgefill a Respekt fir eis eeler Matbierger

D'ADR wëll, datt déi eeler Matbierger eng gutt Liewensqualitéit behalen an datt si autonom a selbstbestëmmt kënne liewen.

D'Mënschen alteren net all d'nämmlecht. Verschiddener sinn am héijen Alter nach ganz aktiv a gesond, wougéint anerer scho fréi mat gesondheetleche Problemer a kierperlechen Aschränkungen ze dinn hunn an doduerch op Ënnerstëtzung ugewise sinn. Der ADR ass et wichteg, datt dës Leit net vun der Gemeng vergiess ginn, dofir setze mir eis fir si an. Grad eeler Leit leiden dacks ënnert dem Elengsinn. Dowéinst wëlle mir der sozialer Isolatioun aktiv entgéintwierken.

D'Politik an d'Gestaltung vun der Gemeng sollen esou ugeluecht sinn, datt sech all Generatioun dran erëmfënnt a vertrauden an ënnerstëtzt gëtt. D'ADR erméiglecht deemno och den eelere Leit a Mënsche mat kierperlechen Aschränkungen oder spezifesche Bedierfnesser eng aktiv a vollstänneg Partizipatioun um gesellschaftleche Liewen. Och si hunn d'Recht, u sportlechen a kulturellen an anere Fräizäitaktivitéiten deelzehuelen, wa si dat wëllen. D'ADR wäert sech drëm këmmen, datt d'Gemeng hefir eng passend Offer ubitt. Bei Fester an Evenementer, déi vun der Gemeng organiséiert oder ënnerstëtzt ginn, wäerte mir derfir suergen, datt fir Leit mat ageschränkter Mobilitéit ëmmer e flexibelen Transport vun oder iwwert d'Gemeng organiséiert gëtt, deen déi Leit siche fiert an och nees heemféiert.

Si sollen en interaktiven Accès zur Gemegepolitik hunn a sech konkret an direkt un hir bedeelege kënnen. Esou, wéi déi Jonk e Jugendhaus hunn, soll den eelere Leit och eng eegen Infrastruktur, z.B. en „Seniorenhaus“, zur Verfügung gestallt ginn. Iwwerdeems suergt d'ADR derfir, datt d'Gemeng gezielt a reegelméisseg den Austausch mat dëser Bevëlkerungsgrupp sicht a si iwwer entspreche Offere vun der Gemeng informéiert.

Der ADR ass et wichteg, déi eeler Leit ze ënnerstëtzen, fir datt si, esoulaang an esouwäit ewéi méiglech, hiert Liewen eegestänneg gestalten a bestëmme kënnen. Dofir setze mir eis derfir an, datt d'Gemeng déi néideg Moosnamen hält, fir datt eeler Leit esou laang wéi méiglech an hire Wunnengen oder Haiser bleiwe kënnen an esou hiren Alldag nach selwer bestëmme kënnen. Mir ënnerstëtzen och déi gemëschte Wunformen, intergenerationell Projeten an Initiative fir betreit Wunnen.

Eng weider Moosnam, déi d'ADR an deem Sënn huele wäert, ass e qualitativ héichwäertege Service ewéi „lessen op Rieder“, deen e Grondbedierfnes erfëllt an och zur Freed um Liewe bäidréit. Dëse Service soll méiglechst ëmweltfrëndlech sinn an esouwäit ewéi méiglech saisonal a regional Liewensmëttel verwäerten.

D'ADR wäert sech an der Gemeng och derfir asetzen, datt aner Bestattungsformen ewéi de klassesche Kierfecht erméiglecht gi fir Leit, déi nom Doud z.B. net wëlle begruewen, mee verstreet ginn, an dat awer an där Gemeng, an där si gelieft hunn. Fir esou Fäll soll eng konkret Plaz mat enger naturbeloossener Streewiss fir Äsche virgesi ginn an/oder e Bëschkierfecht, wou eng gewësse Plaz an engem bestëmmte Bësch d'Verstreeë vun den Äschen erméiglecht.

## 9. Empathie fir Leit mat spezifesch Bedierfnesser

D'Ufuerderungen, déi an der UN-Konventioun fir d'Rechter vu Mënsche mat Behënnerung festgehale ginn, mussen och an der Gemeng unerkannt an ëmgesat ginn. D'ADR wäert eng Rei Initiativen ergräifen, fir datt d'Gemeng deem gerecht gëtt an hir Responsabilitéit iwwerhëlt. Infrastrukturen an Déngschtleeschunge mussen esou ugeluecht a konzipiéiert sinn, datt jiddereen dovu profitéiere kann, onofhängeg vun Alter, Fäegkeeten oder Aschränkungen. Dofir ass et wichteg, datt dëse Punkt bei Projeten, Initiativen a Konzepter direkt mat afléist, esou datt dëst direkt mat ëmgesat gëtt a keng spéider Upassungen néideg sinn.

Mir wäerten all Gemengeninfrastruktur esou upassen, datt si fir Leit am héijen Alter, mat kierperlecher Aschränkung oder mat spezifesch Bedierfnesser keen Hënnernes méi duerstellen. Duerfir gëtt en Inventar opgestallt, an deem fir all ëffentlech Infrastruktur an der Gemeng festgehale gëtt, ob si behënnerten- a senioregerecht amenagéiert ass. Am Gemengebudget géingen dann och all Joer e Programm a Kreditter festgehale ginn, fir dës spezifesch Infrastruktur ze verbesseren - z.B. duerch Rampen, Lifter, ugepassten Toiletten, speziell Quai bei Busarrête fir Rollstullfuerer, akustesche Signaler fir déi Blann bei Verkéiersluuchten, Brailleschrëft an de Lifter, asw. Och en Noutruff aus engem Lift muss fir Leit mat Behënnerung accessibel sinn.

Et soll och jiddereen, also och Mënsche mat kierperlecher Aschränkung oder spezifesch Bedierfnesser, vum ëffentlechen Transport kënnen profitéieren. Dofir mussen all d'Garen an Haltestellen am Land esou ugepasst ginn, datt d'Eran- an Erauskommen aus dem Bus oder Zuch ouni friem Hëllef méiglech ass, z.B. duerch flaach automatesch Rampen, erhéichte Quaien an intakt Lifter - jeeweils dat, wat néideg ass, fir sech ouni Hënnernes fortzebeweegen. Weider si kontinuëerlech Buedem-Féierungslinne wichteg an néideg fir Leit mat enger visueller Aschränkung.

D'Garen an op d'mannst déi gréisser oder Haapthaltestelle mussen hir Informatiounen fir den Notzer esouwuel akustesche ewéi och visuell zougängelech maachen, z.B. bei Fierpläng, Anzeigen, Apps an Internetsitten. D'Informatiounen ginn ëmmer fir d'éischt op Lëtzebuergesch vermëttelt an duerno an den zwou aneren administrative Sproochen, Franséisch an Däitsch. Zousätzlech sollen d'Beschrëftungen och a liichter Sprooch, mat Illustratioun (Piktogramm) an a Brailleschrëft verständlech gemaach ginn.

Iwwer Bus-Deklinatiounen, ewéi beispillsweis de Ruffbus, gëtt net just d'Ubannung un dat nationaalt Netz vum ëffentlechen Transport verbessert. Jonk an Al solle vun dësem flexibele Service och einfach fir déi kleng Trajete profitéiere kënnen. Egal ob fir Akeef ze erleedegen, op e Rendez-vous ze fueren oder fir den Uschloss un en Zuch oder Bus ze kréien, dëse Service suergt fir eng besser Mobilitéit mat gréisserer Flexibilitéit. Grad och fir Leit mat kierperlecher Aschränkung oder spezifesch Bedierfnesser ass et eng grouss Hëllef, well de

Service hinnen e weidert Stéck Selbstännegkeet gëtt oder erhält. Dofir wäert d'ADR dese Service notzen an d'Offer ausbauen an ergänzen.

D'ADR wäert iwwert déi gesetzlech Bestëmmungen eraus derfir suergen, dass nei Appartementshaiser a Geschäftslokaler gesetzeskonform no behënnerten- a senioregerechte Krittäre gebaut ginn. Zu dësem Zweck sollen déi kommunal Bautekommissiounen am permanenten Austausch mat deenen Associatioune stoen, déi sech speziell fir d'Intressie vun deene betraffene Leit engagéieren.

D'Gemengepublikatioune ginn och iwwerpréift a wann néideg iwwerschafft, fir dass Leit, déi eng Sehschwächt hunn oder esouguer blann sinn, och d'Méiglechkeet hunn, vun deene Publikatioune ze profitéieren. Bei Online-Formulairë soll och eng extra „Capture“ geschaf ginn, déi et de betraffene Leit erméiglecht, d'Online-Versioun trotz hirer Aschränkung ze notzen. Allgemeng soll bei wichtegen Informatiounen a Messagë vun der Gemeng derfir gesuergt ginn, dës Matdeelungen och fir Mënsche mat Schwiereregkeete beim Liesen a Verstoe vun Texter a liichter Sprooch zougänglech ze maachen. D'Awunner solle weider ëmmer och d'Méiglechkeet hunn, Formulairen a Pabeierform auszufëllen. Dobäi muss dorop geuecht ginn, dass déi Formulairë benutzerfrëndlech ausgeschafft ginn, a besonnesch d'Pabeierversioun muss och fir déi Leit gutt lieserlech an auszufëlle sinn, déi eng visuell Beanträchtegung hunn. Leit, déi duerch hir spezifesch Bedierfnesser net amstand sinn, fir administrativ Demanden eleng ze maachen, wäerten an der Gemeng domat gehollef kréien. D'Gemeng muss och drop oppassen, dass hir Formulairë benutzerfrëndlech sinn. Ofkierzunge mussen erkläert ginn, laang Zuelen oder Rechnungsnummere sollen a kleng Zuelegruppen opgespléckt a grouss geschriwwe sinn, asw.

## 10. Well mir gär eng lieweg Gemeng hunn

D'ADR ass fir lieweg Gemengen, Uertschaften a Quartieren. Aus deem Grond engagéiert sech d'ADR, fir d'Duerf - dat ze dacks net déi néideg Zouwennung kritt an aschlofe gelooss gëtt - ze reaniméieren.

Et ass néideg, dass d'Gemeng lieft, fir dass eeler Leit méiglechst laang an hirer gewinnter Ëmgéigend an an hirem eegenen Doheem kënnen wunne bleiwen. Wann den Duerfkär den Awunner e kleng Supermarché oder eng Epicerie bitt, e Metzler an eng Bäckerei, en Zeitungsbuttek, eng Post- an eng Bankfilial a Servicer aus dem Gesondheetswiesen ewéi eng Apdikt an en Dokter-Cabinet, gëtt erméiglecht, dass ee seng Erleedegungen am Alldag ouni laang Weeër maachen a méi liicht organiséiere kann. Och fir Familljen a Jonggesellen, déi vollzäit schaffen, ass et méi einfach an zäitpuerend, wa si no der Aarbecht nach e puer Kommissiounen am Duerf erleedege kënnen, wéi wa si sech nach an e grousst Geschäft oder en Akafszenter deplacéiere mussen oder esouguer op e puer verschidde Plazen.

Iwwerdeems ass d'Epicerie och favorabel fir d'Promouvéieren an d'Verkafe vu regionale Lëtzebuurger Produkter. D'Leit ginn hei méi einfach, méi intensiv a mat manner Opwand sensibiliséiert a virwëlzég gemaach. Op dës Manéier ginn d'Lëtzebuurger Produzenten ënnerstëtzt, d'Leit ginn hiert Geld hei am Land aus an d'TVA bleift och beim Lëtzebuurger Staat. Dëst ass net onwichtig a schafft praktesch niewebäi eng favorabel Situatioun fir d'Lëtzebuurger Produzenten an Ekonomie.

E weidere Pluspunkt ass, dass een net op den Auto ugewisen ass, well een den Auto an deem Fall net zwangsleefeg brauch, net emol den ëffentlechen Transport. Dat ass vu Virdeel, well d'Leit ganz niewebäi nees méi Bewegung am Alldag kënnen hunn. Dat ass fërderlech fir d'Gesondheet an et ass sécherlech och net vun Nodeel fir de Verkéier.

D'Epicerie am Duerf, d'Bank- an d'Postfilial an déi aner Servicer stinn awer an engem sensibelen Ofhängegkeetsverhältnis. Dat funktionéiert ewéi e Kreeslaf, well wann een oder zwee vun dese Servicer ewechfalen an een dofir dann extra méi wäit ewech respektiv aus der Uertschaft eraus muss, mécht een déi aner Besuergungen an engems do. D'Tendenz geet dohinner, dass een an deem Fall op eng aner Plaz fiert, wou ee seng Erleedegungen alleguer beienee maache kann, wéi z.B. an engem groussen Akafszenter,

deen all dës Servicer op enger Fläch ubitt. Dofir ass et wichteg, datt dës Geschäfte a Servicer alleguer am Duerf vertrauede sinn.

All dës Servicer spillen och eng wichteg Roll als Begéinungsraum, wou d'Leit sech treffen, Bekanntschaft maachen, sech austauschen an esou sozial Kontakter fleegen. Den Aspekt vum mënschleche Kontakt ass ganz wichteg, besonnesch fir déi Leit, déi eleng sinn a weider keen hunn an doduerch eng gesellschaftlech Isolatioun riskéieren.

Aus all dëse Grënn wäert d'ADR sech am Gemengerot engagéieren, fir beispillsweis iwwert d'Gebaielchkeet oder de Loyer eng favorabel Situatioun ze schafen an déi Servicer a Geschäfte an den Duerfkär ze kréien an do ze behalen. An engems wäerte mir d'Awunner fir d'Wichtegkeet, d'Virdeeler an all déi positiv Auswierkungen dovunner sensibiliséieren. D'ADR wëll déi lokal Geschäfte a Servicer konsequent ënnerstëtzen, fir datt d'Gemenge wierklech liewen.

## 11. Medezinesch Versuergung méi no um Awunner

D'ADR wäert sech drëm këmmen, datt e Konzept geschaf an ëmgesat gëtt, duerch dat d'medezinesch Versuergung verbessert gëtt. Besonnesch an Noutfäll, nuets an de Weekend, soll déi medezinesch Versuergung däitlech méi effikass ginn, ouni laang Weeër a Waardezäiten, fir an der Urgence ënnersicht ze ginn. Dëst ka mat Hëllef vu regionalen Dokteschhaiser (Maisons médicales) an Hausapdikte fir d'Dokteren erreicht ginn.

Op interkommunaler Basis wäert d'ADR zesumme mat den Nopeschgemenge kucken, wéi a wou en Dokteschhaus - wat net mat enger Klinick ze verwiesselen ass - ka geschaf ginn. D'Gemengen hu Méiglechkeeten, fir duerch Vergënschtegungen, geknäppt un e Kontrakt mat bestëmmte Konditiounen a medezineschen Déngschtverpflichtungen, Dokteren unzezéien an ze motivéieren, fir an deem Dokteschhaus ze schaffen, mat Garden a Bereetschaftsdéngscht.

## 12. Well mir frou si mat den Déieren

D'ADR këmmert sech drëm, datt d'Hondstax ëmmer moderat bleift, esou datt och Leit mat wéineg Suen en Hond als Begleeder am Alldag hale kënnen. D'Hondstax däerf och keng zweete Kéier erhuewe ginn, wann een Hond am Laf vum Joer stierft an dowéinst en aneren Hond an de Stot kënnt. Mir suergen derfir, datt d'Hondstax am éischte Joer vun der Gemeng iwwerholl gëtt, wann en Hond aus engem Asyl adoptéiert gëtt. Begleethënn, Blannenhënn, asw. sollen net taxeflichteg sinn. Als Géigeleeschtung fir d'Hondstax wäert an de Stied fir déi néideg Infrastrukture gesuert ginn (z.B. Hondstoiletten).

D'ADR wäert sech dofir asetzen, datt d'Gemengen en „Kierfecht“ fir Déiere realiséiert. Heifir ka si e Stéck Natur, z.B. eng Plaz an engem Bësch, zur Verfügung stellen. Op dës Manéier kënnen d'Leit, wa si wëllen, hiert verstuerwent Hausdéier do verstreeën.

Wa lokal Veräiner bestinn, déi sech ëm den Déiereschutz beméien, wäerten dës materiell vun der Gemeng ënnerstëtzt ginn.

## 13. Eist Häerz schléit fir eis Veräiner

D'ADR ass sech bewusst, wéi wichteg a wäertvoll eis Veräiner fir dat gesellschaftlecht Liewen an de Gemenge sinn. D'Veräiner verbannen d'Awunner, si suerge fir Liewen an e Mateneen an der Gemeng. Dofir si si esou wichteg a gehéieren an d'Duerf. Aus deem Grond wäerte mir derfir suergen, datt d'Gemeng si generéis ënnerstëtzt an d'Veräiner dat hunn a kréien, wat si wierklech brauchen.



D'ADR wëll méi fir d'Veräiner maachen a si besser ënnerstëtzen, esouwuel materiell ewéi finanziell. D'Infrastruktur ass schliisslech ëmmer en Thema fir d'Veräiner. Egal ob si iwwerhaupt emol eng Infrastruktur brauchen oder ob déi bestoend muss ugepasst respektiv erneiert ginn. D'ADR suert derfir, datt d'Veräiner déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung gestallt kréien (z.B. eng Sportshal, e Fussballterrain, eng Schwämm, asw.), an och, datt déi néideg Upassunge gemaach ginn. D'ADR fërdert an deem Sënn och eng gemeinsam Planifikatioun, Konstruktioun an Notzung vu Sportinfrastrukture mat den Nopeschgemengen, zemools bei Sportarten, déi net an all Gemeng bedriwwe ginn.

Nieft den Infrastrukture sinn awer och d'Finanzen e wichtege Sujet fir d'Veräiner. D'ADR ass fir eng transparent Subventionspolitik an der Gemeng. Dës kann awer duerchaus differenzéiert sinn, well net all Veräin brauch den nämmelechte Budget. Am Kader vu gesonde Gemeengefinanze kréien d'Veräiner héich Subside fir hir wäertvoll Aarbecht an hirt Engagement an der Kanner- a Jugendbetreiung. Heifir gëtt e Betrag festgeluecht, dee sech pro Kapp vun de Memberen, déi de Veräin zielt, rechent. Iwwerdeems soll d'Gemeng d'Aktivitéiten an Initiative vun de Veräiner generéis ënnerstëtzen an derfir suergen, datt d'Veräiner bestoe bleiwen.

Wa Veräiner e gewëssene Succès a Lëtzebuerger Meeschterschaften hunn, u Bedeitung gewannen an doduerch international Deplacementer maache mussen, muss d'Gemeng och bereet sinn, hir Infrastrukturen den Oplage vun internationale Federatiounen unzepassen a finanziell Hëllef ze ginn.

Veräiner mat aussergewöhnleche Resultater an Engagementen sollen zousätzlech gewierdegt ginn. An deem Sënn sollen aussergewöhnlech Ausgabe fir e Veräin och flexibel kënnen gehandhaabt ginn. Dofir soll d'Gemeng am beschten e Fong uleeën, dee fir d'Ënnerstëtzung vun hire Veräiner genotzt gëtt.

Veräiner, déi sech d'Kultur, d'Geschicht an d'Architektur vun der Gemeng oder vum Land zum Thema gemaach hunn, si besonnesch wäertvoll an enger Zäit, wou d'Fëllement vu Land a Vollek duerch politesch Entscheedungen ëmmer méi ofgewäert gëtt. Och dat sief bei der Subventionspolitik ze berécksiichtegen. Fir d'ADR ass d'Promouvéiere vum Kulturgutt eng bedeitend Aufgab, fir déi och d'Gemeng Verantwortung dréit. Mir wäerten esouwuel dat sportlecht ewéi och dat musikalescht a kulturellt Intressi vu Kand u fërderen.

Veräiner fërderen d'Integratioun a schärfen niewebäi och nach d'Bewosstsi fir d'Bedeitung vum éierenamtlechen Engagement, wat sech schliisslech positiv op dat gesellschaftlecht Zesummeliewen auswierkt. An eiser vu staarker Migratioun geprägter Gesellschaft ass d'Integratioun eng Viraussetzung fir e Liewe mateneen an net niefteneen. Duerfir ass et fir d'ADR wichteg, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an all Veräin héichgehale gëtt an d'Haaptkommunikatiounssprooch ass. Och heibäi kann een de Veräiner hëllef, well et ass net ëmmer evident, Traineren oder Formateuren ze fannen, déi Lëtzebuergesch schwätzen. Si kënnen et awer léieren. D'Gemeng kann dës Leit mat gratis Lëtzebuergeschkursen dobäi hëllef, fir séier genuch Basiskentnesser ze kréien, op deene si opbaue kënnen. Nei Gemengenawunner, ganz besonnesch dann, wa si och nach ganz nei am Land sinn, sollen dann och direkt iwwert d'Veräiner an der Gemeng informéiert ginn. Dat hëlleft hinnen, sech méiglechst séier anzuliewen a sech an eis Gesellschaft ze integréieren.

D'ADR wäert sech dofir asetzen, datt d'Gemeng de Veräiner och zousätzlech Déngschtleeschunge bitt, déi bis elo vläicht nach net beduecht goufen. Et ass selbstverständlech, datt dës d'Veräiner näischt dierfe kaschten. D'administrativ Aufgabe beispillsweis sinn haut dacks esou grouss, datt munche Veräin domat iwwerfordert ass. Wa Veräiner hei Hëllef brauchen, soll d'Gemeng hinne mat Rot a personeller Ënnerstëtzung ënnert d'Äerm gräifen. Iwwer Kabel-TV an/oder Internet soll d'Gemeng e lokalen Televisiounskanal bedriewen, dee prioritär de lokale Veräiner zur Verfügung steet an zu der audiovisueller Dokumentatioun vum Gemengeliewe bäidréit. Fir d'Lokatioun vu Raimlechkeeten, Terrainen oder Déngschtleeschunge soll d'Gemeng hiren eegene Veräiner näischt froen, mee si als gratis „Géigeleeschung“ fir déi wäertvoll Veräinsarbecht an -dégenschter ubidden.

D'Veräiner sinn d'Séil vun der Gemeng a sollen och esou behandelt ginn.

## 14. Sport bréngt eis zesummen a verbënnt

Veräiner mat sportlechen Aktivitéiten déngen der Gesondheet, fërderen d'Integratioun a schäerfen niewebäi och nach d'Bewosstsi fir d'Bedeutung vum éierenamtlechen Engagement. Dat alles wierkt sech positiv op dat gesellschaftlecht Zesummeliewen an dat perséinlecht Wuelbefannen aus. Dofir ass et der ADR wichteg, datt d'Gemeng eng gutt a breet Offer u sportlechen Aktivitéiten ubitt, déi den énnerschiddleche Bedierfnesser vun den Awunner Rechnung dréit.

D'Sportscoursen an -aktivitéite mussen och déi verschidden Altersgruppe bei hirer Offer berécksiichtegen, grad ewéi Partizipatiounsméiglechkeete fir Mënsche mat spezifesch Bedierfnesser. Fir d'Offer méiglechst villfältig ze gestalten, kënnen zousätzlech interkommunal Programmer a Kooperatioun mat den Nopeschgemengen erstallt ginn, fir den Awunner esou méi Méiglechkeeten ze bidden. D'ADR fërdert eng gemeinsam Planifikatioun, Konstruktiv an Notzung vu Sportinfrastrukture mat den Nopeschgemengen, zemoos bei Sportarten, déi net an all Gemeng bedriwwe ginn. Am regionalen an interkommunale Kader wäert d'ADR esou d'Notze vun de Sportinfrastrukturen optimiséieren.

Am Kader vu gesonde Gemeengefinanzen an am Aklang mat de reelle Bedierfnesser an der Nofro éennerstëtzt d'ADR déi lokal Sportsveräiner a suergt fir déi néideg Infrastrukturen. D'Veräiner kréie fir hir wäertvoll Aarbecht an hiert Engagement an der Kanner- a Jugendbetreierung héich Subsidien an déi néideg Infrastrukturen (z.B. eng Sportshal, e Fussballsterrain, eng Schwämm, asw.). Heifir gëtt e Betrag festgeluecht, dee sech pro Kapp vun de Memberen, déi de Veräin zielt, rechent. D'ADR wëll, datt d'Gemeng d'Aktivitéiten an Initiative vun de Veräiner generéis éennerstëtzt an derfir suergt, datt d'Veräiner bestoe bleiwen.

Wann hir Sportsveräiner e gewëssene Succès hunn an doduerch u Bedeitung gewannen, muss d'Gemeng och bereet sinn, hir Sportinfrastrukturen den Oplage vun internationale Federatiounen unzepassen. D'Veräiner suerge fir Liewen an e Mateneen an der Gemeng, an de Sport verbënnt a gehéiert an d'Duerf.

Bei der Gestaltung vum öffentleche Raum gëtt bei de Bëschweeër, Parken a Gréngflächen och u Sportaktivitéiten am Fräie geduecht. An deem Sënn éennerstëtzt d'ADR beispillsweis Sportinstallatioune fir de breede Publikum an engem Park oder en Hindernis- oder Kloterparcours an engem Bësch. Dëst wär eng weider Méiglechkeet, d'Leit fir méi Bewegung an der Natur a frëscher Loft ze motivéieren.

## 15. Kultur fir Häerz a Geescht

Fir d'ADR ass d'Promouviere vun der Kultur eng bedeitend Aufgab, fir déi net eleng de Staat, mee och d'Gemeng Verantwortung dréit. Nieft de Kulturhaiser an der materieller Éennerstëtzung vun de Veräiner (z.B. mat Subsidien an adequaten Infrastrukture fir Reuniounen, Prouwen, Opféierungen, Ausstellungen, asw.) gehéiert och d'Ubidde vun engem aktiven a villfältige Kulturprogramm dozou. Kulturell Aktivitéite vun der Grondschoul, der Maison relais oder vun de Jonken (Jugendgemengerot, Jugendhaus, asw.) gi vun der Gemeng gefërdert, an en aktiiv Deelhuelen an Ausschaffe vu Kulturprojete gëtt vun der Gemeng éennerstëtzt.

Déi kommunal Kulturpolitik muss villschichteg sinn an dat kulturellt Liewe fir jiddereen zougänglech maachen. An deem Sënn wäert d'ADR sech ëm en interkommunalen an -regionalen Austausch këmmern an eng Zesummenaarbecht op deem Niveau fërderen. Op dës Manéier sollen eis Ressourcë produktiv an effektiv genotzt ginn.

D'ADR wäert kulturell Evenementer wéi Concerten, Theateropféierungen, Konschtmäert an -ausstellungen, grad ewéi Expositiounen mat kulturellem a sozialhistoreschem Sujet, an der Gemeng organiséieren oder éennerstëtzen. Dobäi gëtt dann och besonnesche Wäert op d'Lëtzebuurger Kultur geluecht. (Kuckt och d'Kapitel 3. D'Lëtzebuurger Sprooch - d'Häerz vun der Integratioun)

Iwwert d'ganz Joer ginn et sëllege Geleeënheeten, bei deenen eis Stied an Dierfer, respektiv d'Gemengen, dekoréiert ginn an Animatiounen ënnerschiddlecher Aart stattfannen. Dëst si weider Uläss, bei deenen d'Lëtzebuerger Konscht kéint gefërdert a promovéiert ginn. Dofir wäert d'ADR dës Geleeënheeten notzen, fir dobäi präferenziell a wann ëmmer méiglech mat Lëtzebuerger Kënschtler zesummenzeschaffen.

D'ADR ënnerstëtzt d'Ariichte vu kommunalen ëffentleche Bibliothéiken. Eng Partie Leit zitt haut déi digital Buchform vir, dofir sollt d'Gemeng e Service ubidden, fir digital Bicher erfelueden. Och an Zäite vun der Digitalisatioun sollen d'Leit awer nach kënnen op Bicher zeréckgräifen an e Lieserliefnes um Pobeier hunn, wat säi ganz eegene Charme a Wäert huet. Mir wëllen och systematesch ëffentlech „Bicherschief“ an de Gemengen opstellen, wou d'Leit ganz informell e Buch ausléinen oder och en eegent verléine kënnen.

Fir d'Attraktivitéit vun eisen Duerf- a Stadbibliothéiken ze erhéijen, wëll d'ADR d'Méiglechkeet virgesinn, fir an deenen Infrastrukturen och administrativ Servicer unzebidden. Heifir wäerte mir eis mat de betraffene Persounen, Federatiounen, Associatiounen a Strukturen austauschen, fir e flott a sënnvollt Konzept auszeschaffen, bei deem déi reng Bicherbibliothék zu enger moderner Déngschtleschtungsbibliothék transforméiert gëtt. D'Clientë sollen dann am Aganksberäich vun de Bibliothéike beispillsweis och kënnen Verwaltungsgäng maachen, Attestatiounen ofhuelen, Concertskaarte kafen, digital Déngschtleschtungen an Usprouch huelen oder Fundsachen ofginn.

D'ADR ass der Usiicht, dass d'Bibliothéikwiesen, dat esou vill Kultur dréit an offréiert, generell nees méi misst ënnerstëtzt an opgewäert ginn. Fir dat ze errechen, ass den Engagement vun der Gemeng gefuerdert, awer och d'Hëllef vum Staat ass néideg. Dofir setzt d'ADR sech um kommunalen an nationale Plang fir d'Bibliothéikwiesen an. Deementspriedend solle bestoend Gemeindebibliothéike vum Staat verstärkt gefërdert ginn, besonnesch am Hibleck op d'Grënnung vu moderne kommunale Bibliothéiken. Wéinstens all gréisser Gemeng misst esou eng Gemeindebibliothék hunn. Och d'Kommunaliséierung vun ëffentleche Bibliothéiken, déi enger Asbl gehéieren, soll gefërdert ginn. Ausserdeem misst de Staat verstärkt mat der BNL zesummeschaffen, wann et ëm d'Recuperéiere vun ale Porbibliothéike geet. Desaffektéiert Kierche wëlle mir mat Respekt behandeln a sënnvoll notzen, andeems si als Bibliothéike genotzt ginn. Fir d'Opwäertung an d'Ënnerstëtzung komplett ze maachen, ass et néideg, dass d'Gemengen och Archivisteformatiounen ubidden.

Bei Muséeprojeten, déi bezwecken, lëtzebuergspezifesch Institutiounen, Traditiounen, Geschicht a Kultur ze konservéieren, soll sech net just de Staat bedeelegen. Mat der ADR wäerten och déi betraffe Gemengen hei aktiv ginn an d'Ëmsetze vun esou engem Projet begënschtegen, wa genuch Ausstellungsmaterial do ass.

D'ADR wäert sech och engagéieren, fir d'Iddi vum immaterielle Kulturierwen - no UNESCO-Definitioun - op kommunalem Niveau ze fërderen. Mir notzen dës Méiglechkeet, fir d'Leit, besonnesch awer déi sougenannten „Trägergemeinschaften“, dovun a Kenntnes ze setzen, dass si dat ufroe kënnen, a si motivéieren dëst ze maachen. Esou soll beispillsweis dofir gesuergt ginn, dass, och wann eng Kierch desakraliséiert gouf, d'Klacke weiderlauden.

Als konservativ Wäerter verriedend Partei steet d'ADR natierlech fir d'Erhalen an d'Promovéiere vun eiser Kultur, eisem Patrimoine an eisen Traditiounen, woubäi d'jüddesch-chrëschtlech Wäerter eng bedeitend Roll spillen. Aus deem Grond ass et eng vun der Gemeng hiren Aufgaben, derfir ze suergen, dass eis traditionell chrëschtlech Fester respektéiert ginn. (Mir hunn de Chrëschtmaart, net de Wantermaart, a mir hunn eng Päischtvakanz, keng Fréijoersvakanz, asw.) Dëst ass en Deel vun eisen Traditiounen a vun eisem kulturelle Patrimoine, wat mir aktiv erhalen a stärke mussen.

D'Lëtzebuerger Traditiounen ginn awer allgemeng net méi genuch gefërdert an zum Deel esouguer ofgeschaf. Dat féiert dozou, dass si net méi vu Generatioun zu Generatioun vermëttelt ginn. D'Leit verléieren de Besuch dozou an d'Intressi vergeet. Grad an engem Land, dat esou en héijen Undeel un Auslänner zielt, ass et wichteg, aktiv virzegoen an der ganzer Bevëlkerung eis Kultur an Traditiounen ze weisen an dës zesummen ze feieren. Eis Traditiounen stierwen haut scho lues awer sécher aus oder änneren hiert Gesiicht, ewech vun hirem Ursprong, esou dass den eigentleche Sënn verluer geet. (Beispiller vu Lëtzebuerger

Traditiounen: Liichtmëssdag, Buergbrennen, Klibberen, Oktav-Pilgeren, Nationalfeierdag, Allerhellegen an Allerséilen, Te Deum, Stroossemusek duerch Duerfmuseker fir Kiermes a Chrëschtspill, Kleeschen, asw.)

Fir deem entgéintzewierken a gläichzäiteg d'Integratioun ze fërderen, wäert d'ADR sech staark engagéieren, fir d'Lëtzebuerger Sprooch, Kultur an Traditione verstärkt a besser un d'Awunner, a besonnesch un eis auslännesch Matbierger, ze vermëttelen. Nëmme d'Integratioun kann e Matenee schafen an d'sozial Kohäsioun erméiglechen. An deem Sënn ënnerstëtzt d'ADR natierlech och Initiativen ewéi Quartiers- oder Noperschaftsfester mat fräiwëllegem Charakter.

## 16. Historesch Gebaier an al Bausubstanz an Éieren halen

Liewensqualitéit heescht och, laangfristeg en Ëmfeld ze schafen an ze erhalen, an deem d'Leit sech an hir Wuerzelen erëmfannen, a sech doduerch wuel an doheem fillen. Dozou gehéiert d'Erhale vun eiser traditioneller Bausubstanz an domat de Stad- an Duerfcharakter. D'ADR ass iwwerzeegt, datt nieft der Sprooch och eis historesch Bauten an Haiser e wichtege Faktor fir eis Identitéit sinn.

D'ADR suergt dofir, datt erhalenswäert a regional-typesch Gebaier déi néideg Fleeg kréien an all Bausubstanz mat kulturellem an historeschem Wäert erhalen a geschützt gëtt. D'ADR plangt kommunal Subside fir d'Renovatioun an d'Sanéierung vun esou Bauten. Wann néideg, keeft d'Gemeng wäertvoll Gebaier, fir hiert Erhalen ze sécheren. Iwwerdeems sollen d'Awunner fir d'Schätz vun hirer Uertschaft sensibiliséiert ginn. Wann en Awunner eng Ufro stellt, datt hie fir seng eege Propriétéit vun de Moosname vum Denkmalschutz profitéiere kann, muss dës seriö behandelt ginn. D'Gemeng muss hei reaktiv sinn an a méiglechst kuerzen Delaien eng professionell Ënnersichung an d'Weeër leeden.

D'ADR wäert sech och drëm këmmen, datt d'Gemeng déi néideg Mëttelen an hire Bebauungsplang kritt, fir verhënneren ze kënnen, datt historesch Plazen duerch onpassend Konstruktiounen devaloriséiert ginn. Ausserdeem besti mir op e verantwortungsvollen a respektvollen Ëmgang mat kierchleche Bausubstanzen.

## 17. Tourismus an d'Léift zur Region

D'Gemeng dréit eng Matverantwortung fir den Tourismus, dee fir vill Gemengen och finanziell wichtig ass. Dozou gehéieren den Ausbau an d'Ënnerhale vu regionalen ewéi och interkommunale Vëlospisten (och d'Circuits auto-pédestres an train-pédestres) an Trëppelweeër. Mat der ADR ginn dës Weeër net just korrekt an iwwersiichtlech beschëldert, mee och fir d'éischt op Lëtzebuergergesch ugeschloen - dëst no engem eenheetleche Schema, dee fir d'ganz Land gëllt.

Lokal a regional Syndikater, déi sech ëm den Tourismus beméien, wäerte mir an der Gemeng - an Zesummenaarbecht mam Tourismusbüro - ënnerstëtzen, fir Hotellen, Campingen, Jugendherbergen, asw., déi hir Plaz an der Gemeng hunn, ënnert d'Äerm ze gräifen. Wann net um nationale Plang legiferéiert gëtt, wäert d'ADR Moosnamen iwwert d'Gemengereglement huelen, fir datt déi nei Formen, fir Touristen opzehuelen (iwwert Internet-Plattformen), den etabléierten Hotelle keng deloyal Konkurrenz maachen. Besteet an der Gemeng d'Konzept vun der Vakanz um Bauerenhaff, da wäerte mir dat ënnerstëtzen.

D'Erhale vun der historescher Bausubstanz ass wichtig, fir de Lëtzebuerger Patrimoine ze schützen. Et ass awer och e wichtege Aspekt fir den Tourismus. Vill Touristen intresséiere sech staark dofir a gesinn dëst als Attraktioun, déi si sech dann och ukucken an eventuell fotograféiere wëllen. Dat féiert dozou, datt weider Touriste vun eisem Land ugezu ginn. (Kuckt och d'Kapitel 16. Historesch Gebaier an al Bausubstanz an Éieren halen.)

Wou et méiglech ass an et sech ubitt, ginn Natur- a Kulturparcoursen ugeluecht, op deenen een etappeweis op Informatiounstafele stéisst, déi iwwer geschichtlech Eegearten an d'lokal Natur an der Gemeng oder

Region opklären. Geféiert Besiichtegungen an thematesch Wander- oder och Vëlosweeër sinn eng weider Méiglechkeet, fir déi touristesch Offer ze verbesseren an auszebauen. Dëst kann natierlech gär gemengeniwwergräifend organiséiert an ugebuede ginn.

D'ADR wëll awer net just fir d'Touristen eng méi grouss a besser Offer bidden a si fir déi lokal kuckeswäert Saache begeeschteren, mee och fir d'Awunner vun der Gemeng oder Region selwer. Mir wäerten dofir déi lokal a regional Bevëlkerung fir dës Offer sensibiliséieren an déi néideg Ureizer ginn, fir datt si virwëtzeg ginn.

Dës Moosname bréngen eng Valoriséierung vun Natur a Kultur an Hëllef gläichzäiteg der Wirtschaft.

## 18. Eng respektvoll Integratioun

Eng Fro, déi an de leschte Jore staark thematiséiert gouf, ass déi vun der Verdeelung vun den DPI'en (Demandeurs de protection internationale) an de Gemengen. Fir d'ADR ass kloer, datt d'Gemenge bei Regierungsdecisiounen, déi si direkt oder indirekt betreffen, scho mussen am Virfeld agebonnen an net virun e Fait accompli gestallt ginn. D'ADR ass géint e Quotesystem, fir d'Migranten op d'Gemengen ze verdeelen, mee besteet op de Prinzip vum fräie Wëllen. Just déi Gemengen, déi sech fräiwëlleg mellen, kommen a Fro fir e Foyer a solle fir hir Efforten dann och Ënnerstëtzung vum Staat kréien. Dobäi ass et onbedéngt néideg, datt och d'Awunner vum Buergermeeschter- a Schäfferot gefrot ginn, ob si mat esou engem Foyer an hirer Gemeng averstane sinn. Fält d'Decisioun, fir Migranten opzehuelen, muss d'Gemeng e volontaristeschen Integratiounsplang hunn, ier de Foyer ëmgesat gëtt. D'ADR ass der Meenung, datt alles muss gemaach ginn, fir ze verhënneren, datt et zu nach méi Parallelgesellschaften an eisem Land kënnt.

Bei der Wunnengsfro däerf et weder zu „Ghettoen“ kommen, nach däerfen déi Leit, déi scho méi laang am Land eng anstänneg Wunneng sichen, oder d'Flüchtlingen (Bénéficiaires de protection internationale) um Wunnengsmaart privilegéiert oder diskriminéiert ginn. D'Installatioun vun de sougenannte Containerdierfer muss an alle Fäll d'Averständnes vun der Gemeng hunn. Hei däerf de Staat net eleng, iwwer d'Prozedur vum POS (plan d'occupation des sols), verfuere. Wëll an net autoriséiert Siidlungen, wéi mir se scho plazeweis am Land gesinn, gëtt et mat der ADR net.

DPI'en, deenen hir Demande op internationale Schutz ënnersicht gëtt, mussen a Foyere regroupéiert sinn an do vum Staat betreit ginn (Ënnerdaach, Verfleegung, Gesondheet, Sécherheet, ...).

Fir déi gesetzlech envisagéiert Ënnerstëtzung vun de BPI'en (Bénéficiaires de protection internationale) muss de Staat zoustänneg sinn. BPI'en däerfen net de Gemengen zur Laascht falen, och wann dës natierlech zousätzlech kënnen hëllefen.

D'ADR ass der Meenung, datt d'Aufgaben an d'Erausfuorderungen, virun déi d'Integratiounsaarbecht eis stellt, allgemeng méi energiesch a gezielt sollen ugepak ginn. D'Integratiounskommissioun als Komitee mat consultativem Charakter (CCCI) ass bis elo reng fakultativ. An engem Land, an deem d'Ausländer ronn d'Hallschent vun der Bevëlkerung ausmaachen, ass d'Integratiounsaarbecht awer ganz besonnesch wichteg an onbedéngt noutwenneg. Fir datt déi néideg Aarbecht an deementspreechend Beméiunge méiglechst effektiv sinn, sollt een eng Multiplikatioun vu Kommissiounen verhënneren an déi betrafte Sujeten an enger Kommissioun konzentréieren.

An deem Sënn géing d'ADR d'Ausländerkommissioun ofschafen an duerch d'Integratiounskommissioun ersetzen, déi da fir all Gemeng - onofhängeg vun hirem Prozentsaz un Ausländer - obligatoresch wier. Dee Moment géing dës obligatoresch Integratiounskommissioun och déi spezifesch Sujete behandelen, ëm déi d'Ausländerkommissioun sech bis duerhi bekëmmert huet. D'Kommunikatioun vun dëser Kommissioun géing selbstverständlech virun allem op Lëtzebuergesch stattfannen.

Nei Gemengenawunner, ganz besonnesch dann, wa si och nach ganz nei am Land sinn, sollten net just déi néideg Informatiounen iwwert de Verwaltungsservice kréien, mee direkt och iwwert d'Geschicht vun der Gemeng, hir Traditiounen, hir Veräiner an hir Offer u sportlechen, kulturellen an anere Fräizäitaktivitéiten informéiert ginn. Dat soll hinnen hëllef, sech méiglechst séier anzeliwen a sech an eis Gesellschaft ze integréieren. Integratioun ass e Prozess, bei deem een um Gesellschaftsliewen deelhuelen an den néidege Wëllen a Respekt matbréngen muss. D'ADR ass gär bereet, hei den néidegen Ustouss ze ginn an eng Hand ze reechen.

D'Residenzklausel beim Gemengewalrecht hat dofir gesuergt, dass en auslänneschen Awunner während fënnef Joer huet missen zu Lëtzebuerg gewunnt hunn, fir kënne mat wielen ze goen. Obwuel dës Reegelung ofgeschaf gouf – eleng d'ADR war an der Chamber fir d'Weiderbestoe vun enger Residenzklausel agezouwen –, ass d'ADR iwwerzeugt, dass dës legal Viraussetzung weider hir Richtigkeet huet. Dowéinst wäerte mir eis op nationalem Niveau derfir setzen, dass dës Reegelung nees agefouert gëtt.

Aus eiser Siicht sollten déi auslännesch Matbierger, déi nei an d'Land kommen, fir d'éischt emol d'Zäit notzen, fir sech mat hirem neien Doheem an de Leit vertraut ze maachen, sech richtig anzeliwen a sech ze integréieren. Et wär och wichteg, dass si sech fir d'éischt emol mam institutionelle System op kommunalem Niveau vertraut maachen an hir Gemeng, an där si wunnen, mat hire Stärken a Schwächen kennelieren, ier si politesch Decisiounen huelen.

Fir eng gewësse Seriositéit ze behalen an ze vermëttelen, hätt d'Ofschaf vum der Residenzklausel misse vum Aféiere vu bestëmmte Viraussetzungen begleet ginn. Esou wär d'Beherrsche vun op d'mannst enger vun eisen administrativen Sproochen eng absolut néideg Konditioun, fir sech kënne an d'Wielerlëschten anzedoen. Och en obligatoreschen Cours, deem iwwert d'Opstellung, d'Organisatioun an d'Fonctionnement vun der Gemeng informéiert, hätt hei solle virausgesat ginn.

D'Lëtzebuerger Sprooch ass eent vun de wichtegste Mëttelen a gläichzäiteg eng Viraussetzung fir d'Integratioun. Vun dohier ass et wichteg, och op kommunalem Niveau kloer Signaler ze vermëttelen. An eisen Ae muss d'Nationalsprooch dofir och op kommunalem Niveau d'Sprooch vum politeschen Debat sinn, bleiwen a gestärkt ginn. Dat verhënnert net, dass gläichzäiteg d'Méisproochegkeet besteet a genotzt gëtt. D'Lëtzebuergesch bleift awer de Garant vun der direkter Bedeelegung un de politeschen Debaten.

D'ADR besteet dowéinst drop, dass an alle Sëtzen vum Gemengerot exklusiv Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an dass fir den Accès op d'Funktiounen vum Schaffen a vum Buergermeeschter an Zukunft en obligatoreschen Lëtzebuergesch-Examen um Niveau C1 ageféiert gëtt.

## 19. Mir si gär mobil, fräi a flexibel

Lëtzebuerg riskéiert, besonnesch an de Spëttestonnen – déi och ëmmer méi laang daueren –, um Verkéier ze erstécken. Un dësem Misär huet de Staat zum groussen Deel Schold, well en net déi néideg Infrastrukturen geschaf huet, respektiv déi bestoend net entsprechend un de massive Bevëlkerungszouwuess ugepasst huet.

Och d'Gemeng huet eng Responsabilitéit a virun allem e bestëmmten Afloss op de Verkéier. D'ADR ënnerstëtzt d'Diversitéit vun der Mobilitéit an ass fir déi fräi Wiel vun den ënnerschiddlechen Fortbewegungsmëttelen. Mir begënschtegen e Mobilitéitskonzept, dat de Leit erméiglecht, sech fräi an onofhängeg ze beweegen, ouni staatlechen Drock oder Zwang. Dowéinst ass d'ADR dogéint, dass den „Individualverkéier“, am Besonneschen d'Benotze vum Auto, ganz bewusst a massiv ageschränkt, schikanéiert, iwwerméisseg kontrolléiert a sanktionéiert gëtt.

D'ADR wiert sech och staark géint all dirigisteschen Moossnamen, déi de Leit virschreiwen, wéi a wéini si sech beweegen däerfen. Duerch e reegelméisseg Austausch mat den Awunner soll d'Gemeng ënnersichen an erausfannen, wéi d'Awunner hir Mobilitéitswiel treffen, vu wat dës Wiel ofhängeg ass a wat hinne feelt. Dozou gehéiert och, datt d'Gemeng fir ugepassten a gutt erhalen Infrastrukture suergt, déi d'Viraussetzung sinn, fir eng fräi Wiel ze erlaben.

D'ADR envisagéiert, a Kollaboratioun mat den Nopeschgemengen am Land an iwwert d'Grenz eraus, e regionaalt Mobilitéitskonzept auszeschaffen, dat dem reelle Gebrauch vun den ënnerschiddleche Fortbewegungsmëttel gerecht gëtt. Bei dëser Kollaboratioun sollen d'Awunner vun de betraffene Gemengen involvéiert ginn, an och déi néideg staatlech Verwaltungen gi mat un den Dësch geholl.

Op nationalem ewéi op kommunalem Plang steet d'ADR hannert enger Mobilitéitspolitik, déi op engem intelligenten, effizienten an ekologeschen vertriebare Konzept berout, dat den ëffentlechen Transport, déi duuss Mobilitéit (zu Fouss, mam Vëlo, mat E-Roller, Segway, Solowheel, asw.) an d'Autofueren a sengen Iwwerleeungen a Mobilitéitspläng mat abezitt.

## De Bus

A ville Gemengen ass de Bus, ob uechter d'Land oder bannent der Gemeng, dat eenzegt ëffentlecht Verkéiersmëttel. D'ADR wëll, datt d'Gemeng an hir Awunner méi Matsproocherecht kréien, wat de Streckeplang, d'Haltestellen, de Fuerplang an d'Frequenzen ubelaangt. Dobäi muss de Prinzip gëllen, datt deejéinegen, dee bestellt (d'Stad oder d'Gemeng), sech un de Käschte bedeelege muss.

D'ADR setzt sech fir eng méi gerecht finanziell Verdeelung tëscht de Gemengen an, déi en eegene Busservice bedreiwen, zu engem Bussyndicat bäidroen oder ausschliisslech op Servicer vum RGTR zeréckgräifen, déi integral vum Staat bezuelt ginn.

An enker Zesummenaarbecht tëschent Gemeng, Staat a Verkéiersverbond sollen elektronesch Tafelen d'Horairen an „Echtzäit“ uweisen. All Bus muss dat néidegt Ekipement hunn, an d'Informatiounstafelen musse fir all Mënsch verständlech sinn. D'Gemeng muss och derfir suergen, datt d'Bushaltestelle propper a beliicht sinn, wa méiglech virum Wieder schützen a behënnertegerecht ugeluecht sinn. (Kuckt och d'Kapitel 9. Empathie fir Leit mat spezifesch Bedierfnesser) Wou dat nach net de Fall ass, wäert d'ADR derfir suergen.

Méi grouss Haltestellen sollen och eng ëffentlech Toilette bidden. D'ADR denkt an deem Kontext och un d'Buschaufferen, déi de ganzen Dag op der Strooss ënnerwee sinn. D'Feele vun Toiletten, déi si an hirem Aarbechtsalldag benotze kënnen, ass eng problematesch Situatioun. An et versteet sech vum selwen, datt dës Situatioun haut, wou ëmmer méi Fraen de Beruff vum Buschauffer ergräifen, en nach méi dréngleche Problem duerstellt, well d'Fraen nach emol méi op sanitär Anlagen ugewise sinn ewéi d'Männer. D'ADR wäert hisichtlech de Busnetzer iwwerpräiwen, wou et an der Gemeng méiglech an néideg wier, nach Toiletten ze installéieren. Dobäi wäerte mir de Verband vun de Busbetriber FLEAA bei der Planifikatioun mat abannen, fir datt dee Problem an de Buschaufferen hirem Sënn ka berengegt ginn.

D'ADR hätt gär fir all gréisser Gemeng e kommunale Gesamtverkéiersplang. An Zesummenaarbecht mam Staat solle Busspure kënnen virgesi ginn an eng Prioriséierung fir Busser op Kräizunge kënnen organiséiert ginn, ouni datt dobäi den Individualverkéier ze vill gestéiert gëtt.

D'Personal vum ëffentlechen Transport, dat mat de Passagéier a Kontakt ass, muss kënnen Lëtzebuergesch schwätzen. An der Stad gëllt dat natierlech och fir d'Personal vu Luxtram. Dës Prinzip soll an de Kontrakter mat de Busfirme festgehalten an och reegelméisseg iwwerpräift ginn.

D'ADR begréisst an ënnerstëtzt Iddien a Servicer wéi den Night Rider, déi eng Plus-value bréngen. Et handelt sech dobäi ëm e Shuttlebus, deen ouni feste Fuer- oder Streckeplang, mee op Bestellung, nuets duerch Lëtzebuerg fiert, fir Leit vun all Alter sécher a bequeem op en Evenement an nees heem ze bréngen.

Dat ass eng kloer Plus-value fir d'Leit an ënnerstëtzt d'Sécherheet am Verkéier, andeems Accidenter duerch Iwwerreizung, Alkohol oder Middegkeet um Steier verhënnert ginn. D'ADR ass dofir der Meenung, datt all Gemeng op dëse Service zeréckgräife sollt an hiren Awunner déi sougenannten „Night Card“, eng lokal Ënnerstëtzung fir en Night-Rider-Abo, ubidden soll. Awunner vu Gemengen, déi dat ubidden, kënnen dës Kaart fir e feste Präis kafen an dann onbegrenzt op dee Service zeréckgräifen. D'Gemeng decidéiert, ob si hiren Awunner dësen Avantage bitt, zu wéi engem Präis an ob si hiren Awunner de Service dann ouni weider Käschten oder just zu reduzéierte Käschten offrëiert.

Allgemeng wäert d'ADR d'Offer an d'Nofro a Bezuch op de Bus als ëffentlecht Transportmëttel iwwerpräiwen a wou néideg upassen oder ergänzen. Fir datt d'Leit den ëffentlechen Transport notzen, muss d'Offer och un d'Bedierfnes vun de Leit ugepasst sinn. Iwwert d'Awunner wäerte mir d'Situatioun präiwen an, wou et néideg a sënnvoll ass, verschidde Servicer (z.B. Ruffbus, Citybus, Late-Night-Bus a Spezialbusser) ausbauen oder aféieren.

### **Déi duuss Mobilitéit**

Bei der duusser Mobilitéit mussen all weider Moosnamen och e Plus u Sécherheet bréngen. D'Foussgänger brauche protegéiert Iwwergäng an anstänneg Trottoiren, déi breet genuch fir zwou Kannerkutsche sinn. Foussgängersträifen op Nationalstroossen, an aner gréisser Stroossen, mussen grondsätzlech mat roude Luuchten ekipéiert sinn, fir datt d'Foussgänger méi sécher iwwert d'Strooss kommen. Dobäi muss d'Luucht och fir Senioren a Leit mat Behënnerung laang genuch gréng liichten an och iwwert e Signaltoun vermëttelen, ob een iwwert d'Strooss kann oder nach waarde muss.

Trottoiren an Iwwergäng fir Foussgänger mussen allgemeng anstänneg beliicht sinn. Dobäi sollen d'Luuchten awer esou ausgeriicht ginn, datt si méiglechst wéineg zur Liichtpollutioun bäidroen, oder et soll beispillsweis intelligent Beliichtung, déi sech no Bedarf un- an ausschalt, genotzt ginn. Wa Weeër duerch Parken an aner Gréngflächen ugeluecht ginn, déi net nëmme fir d'Fräizäit genotzt ginn, mee zousätzlech fir den aldeegleche Passage, da mussen dës aus Sécherheetsgrënn och deementspriedend beliicht ginn. Et ginn och ëmmer nach eng selleg Foussgängersträifen am Land, déi net konform zum Code de la Route sinn, oder duerch hir Lag an Uluecht eng Gefor fir d'Foussgänger am Verkéier duerstellen. Fir datt et op esou Plazen net zu Onfäll kënnt, déi am schlëmmste Fall déidlech endege kënnen, wäert d'ADR och d'Sécherheet vun all Foussgängersträife kontrolléieren a wann néideg upasse loosse.

Déi duuss Mobilitéit gëtt a ville Variante genotzt. Dat ass u sech eng gutt Saach, allerdéngs entstinn och nei Verkéierssituatiounen, déi méi komplex an zum Deel och geféierlech kënne sinn. Eise Code de la route ass nach net genuch fir d'duuss Mobilitéit ausgeriicht.

De Vëlo, den E-Roller an déi aner E-Gefierer, déi zur duusser Mobilitéit gezielt ginn, stellen Erausforderunge fir d'Balance an d'Koordinatioun, besonnesch an enke Verkéierssituatiounen. Eng Kollisioun mat engem Foussgänger ka vill Schued uriichten. Gläichzäiteg bleift d'Fro vun der Responsabilitéit ze klären.

Iwwerdeems ginn et net genuch Dispositiounen, déi d'Foussgänger virun Accidenter mat E-Gefierer schützen. Mee dat selwecht wär néideg, fir de Foussgänger virun all deene Gefierer vun der duusser Mobilitéit ze schützen. Dëst gëllt ëmsou méi op Plazen, déi offiziell als „*shared space*“ ausgewise sinn. Ze denke wär virun allem un en allgemenge Sécherheetsofstand vu Vëloen an all aner Gefierer vis-à-vis vu Foussgänger an eng ugepasste Vitess. An a Foussgängerzonen, wou Kanner kënne fräi lafen, sollt all Gefierer un der Hand mussen gefouert ginn. D'Reegele vum Code de la route mussen an deem Sënn besser respektéiert ginn.

D'ADR wëll déi duuss Mobilitéit ënnerstëtzen. D'Gemenge solle probéieren, de Sharing-Konzept duerchzesetzen, sief et bei Vëloen oder Autoen. Et ka Sënn maachen, esou Gefierer méi wéi engem Chauffeur zougänglech ze maachen. Allerdéngs mussen esou Initiativen e konkreten Zweck erfëllen - an



haauptsächlech de Wee an d'Geschäft, an d'Schoul oder de Wee op d'Aarbecht vereinfachen. De Gebrauch vu Sharing-Gefierer muss vu staatlechen a kommunale Verwaltungen esou genau ewéi méiglech analyséiert ginn. Sollten déi Gefierer just saisonal oder zur Fräizäitgestaltung agesat ginn, ass et net um Staat oder der Gemeng, fir si finanziell ze fërderen. Et muss och gekuckt ginn, datt esou alternativ Initiativen am Individualverkéier net vill méi deier ginn ewéi den öffentlechen Transport.

Wat d'Motivatioun an de Gebrauch vum Vélo ugeet, hält d'ADR sech un d'Richtlinne vun der Lëtzebuerger Vélosinitiativ, nom Motto: „Vélosinfrastruktur: wann, da richtig!“ Et bréngt näischt, fir Vélospiste mat Faarf opzemolen, wann dës Piste virun all geféierlecher Kräizung einfach ophalen. Et ginn allerdéngs och Plazen, wou en opgemoolte Véloswee muss sinn, z.B. an enger Einbanstrooss, déi de Vélo an zwou Richtungen däerf notzen, oder generell bei Ofbéispueren, fir ze verhënneren, datt de Vélo d'Kéier schneit. Et däerf och net sinn, datt d'Véloen um Trottoir zougelooss ginn, well domat ginn d'Foussgänger a Gefor bruecht. Besonnesch d'Sécherheet vun eise Kanner muss hei kënne garantéiert ginn. D'Gemeng muss och derfir suergen, datt op strategesche Plazen (Schoul, Sport- a Kulturzenter, Stadhaus, asw.) genuch Méiglechkeete gebuede ginn, fir privat Véloe geséichert ofstellen ze kënnen. D'ADR wäert och derfir suergen, datt d'Gemeng an Zesummenaarbecht mam Verkéiersverbond geséichert Vélosparkplazen (mBox) an de Garen an op zentrale Busarrêten ariicht.

### **Den Auto: sech fräi beweegen**

Den Auto ass immens wichteg, a vill Leit sinn op den Auto ugewisen. D'ADR wëll de Leit d'Fräiheet loosse, d'Verkéiersmëttel selwer ze wielen. Mir wäerten eis och an der Gemeng weider géint all Schikane wieren, déi drop ausgeluecht sinn, den Autofuerer ze quëtschen an ze drécken, bis hien op en anert Fortbewegungsmëttel zeréckgräift, well e soss ze vill Nodeeler huet oder d'Autofueren esouguer net méi méiglech ass.

Et däerf och net sinn, datt Parkinger, Stell- a Parkplazen ëmmer weider ofgeschaf ginn. D'ADR suert derfir, datt no bei de Geschäfte a Foussgängerzone genuch Parkplazen zu verstännege Präisser sinn, wann net gratis. Dat ass och e wierksaamt Mëttel, fir d'Attraktivitéit vun de Stadzentren an Uertschären ze erhalen, dëst besonnesch an der Konkurrenz zu groussen Akafszentren op der grénger Wiss.

Op ville Plaze gesäit een haut, datt bei neie Residenzen d'Unzuel vun de Parkplazen immens geréng ass an d'Leit méi wäit ewech vun der Residenz parke mussen. Dëse sougenannten „Parkraum-Management“ leent d'ADR of a mir wäerten deen net ënnerstëtzen. D'Leit mussen d'Méiglechkeet hunn, hiren Auto bei hirem Haus oder hirer Wunneng ze parken a méi laang do stoen ze loosse. Et mussen, och a Wunnquartieren, genuch öffentlech Parkplazen zur Verfügung gestallt ginn, fir en uerdentlecht Sozilliewen ze erméiglechen. Et däerf net dozou kommen, datt en drastesch Aschränke vu Parkplazen an neie Wunnquartieren dozou féiert, datt aner Quartieren an der Noperschaft komplett zougeparkt ginn. D'ADR wäert net zouloossen, datt d'Fueren an d'Parke vu Privatautoen a gréisseren Uertschaften zu engem deiere Privileg gëtt. Wat d'Bezuele vum Parking ugeet, soll dat op e puer Manéiere méiglech sinn. D'Gemeng soll erméiglechen, datt d'Leit de Parking iwwer SMS (Call2Park), iwwer Payconiq, mat der Kaart oder awer classesch mam Boergeld bezuele kënnen.

D'ADR trëtt dofir an, datt all Gemeng reservéiert Taxisemplacementer op wichtige öffentliche Plazen, ewéi z.B. bei Verwaltungen, beim Stadion oder der Sportshal, beim Kulturzenter, asw., virgesäit. Awer och privat Autoe sollen op zentrale Plaze kënne parken. Dofir mussen hei och fir privat Autoe genuch Parkméiglechkeete virgesi ginn, a wou néideg nach geschaf ginn. An deem Sënn begréisst d'ADR och eng Entlaaschtung vun de Wunnquartieren duerch den „Parking résidentiel“ mat zwou gratis Parkvignettë pro Stot, fir dem Problem vun den externe Laangzäitparker – déi am Wunnquartier parken, fir mam öffentlechen Transport déi lescht Kilometeren op d'Schaff ze fueren – entgéintzewierken. Kombiniéiert mat der Parkscheif, soll eng „Vignette résidentielle“ an anere Quartieren ewéi dem Wunnquartier zwou Stonne Gratis-Parking erméiglechen.

An de Wunnquartiere sollen d'Awunner kënne profitéiere vu verkéiersberouegten Zone mat residentiellem Charakter, wou d'Awunner sech begéinen an d'Kanner och nees kënnen an der Strooss spillen. D'Stroossen direkt virun de Schoulen, Maison-relaisen a grouse Spillplaze géinge mir grondsätzlech verkéiersberouegen, z.B. mat enger Tempo-30-Zon. D'ADR hält et och allgemeng fir ganz wichtig, dass mir sécher Schoulweeër fir d'Kanner hunn. Dofir ënnersiche mir all Schoulwee an ënnerhuelen déi néideg Besserungen, fir dass eis Kanner sécher an d'Schoul an nees heem kommen. Wou et méiglech a gewünscht ass, soll d'Konzept vum Pedibus geschaf oder ausgebaut ginn.

Fir d'ADR kënnt et net a Fro, dass d'Zoufaart an eng Stad iwwee Taxe soll limitéiert ginn.

## 20. Mat Léift fir eis Natur an Ëmwelt

Fir d'ADR sinn de Schutz vun der Ëmwelt an eng rational Energiepolitik wichtig Aspekter an néideg Engagementer. Si mussen bei alle politesche Beräicher mat beduecht ginn a mat der Wëssenschaft Schrëtt halen. Zum Ëmweltschutz gehéiere fir eis och d'Reduzéiere vum Kaméidi a vun der Liichtverschmutzung.

### Erneierbar Energien a Stromverbrauch

D'ADR ënnerstëtzt de sënnvollen Asaz vun erneierbaren Energien, och wa si ni genuch Energie a Strom liwwere kënnen, fir méi traditionell Energiequelle ganz ze ersetzen. An der Gemeng wäerte mir Projete favoriséieren, wou Awunner vu Solaranlagen op öffentleche Gebaier matprofitéiere kënnen, ouni dass Privathaiser oder grouss Flächen an der Natur mussen mat Solarzelle bedeckt ginn. Privathaiser sollen awer selbstverständlech d'Méiglechkeet behalen, och an hirem private Raum Solarzellen ze installéieren, wann dëst hire Wonsch ass.

D'ADR begréisst déi streng Reglementatioun, wat d'Opstelle vu Wandkraaftanlagen ugeet. D'ADR wäert déi strengste Krittäre beim Opstelle vun industrielle Wandanlage respektéieren, besonnesch och wat d'Distanz zu de Wunnhaiser, eng méiglech Schallbelaaschtung, e Stroboskop-Effekt an de Schutz vu Vullen a Flantermais ugeet. De Bierger soll all Méiglechkeet hunn, op der Gemeng en oppent Ouer fir seng Suergen ze fannen a sech géint e Projet ze wieren, vun deem hie belästegt gëtt.

D'ADR wiert sech dogéint, dass den individuelle Stromverbrauch vun Drëtte vu bausse reguléiert kéint ginn. Aus deem Grund warne mir virum potenzielle Mëssbrauch vun Daten, dee vun „intelligente Compteuere“ ausgoe kann, sief dat fir d'Elektresch oder fir d'Waasser. D'ADR wäert sech hei staark maachen, fir dass d'Recht op perséinlechen Dateschutz integral respektéiert gëtt.

### Urban farming - Landwirtschaft an der Stad

D'ADR wäert de Wonsch vu ville Leit fir méi Urban-Farming-Projeten ënnerstëtzen a begënschtigen. Mir halen dëst fir e sënnvollt Konzept, dat ee sécherlech och nach mat innovativen Iddien ausbaue kann. Et ass förderlech op ënnerschiddlechen Niveauen. Et dréit bäi zu enger besserer Liewensqualitéit am urbane Raum, zur Liewensmittelsécherheet, zur Förderung vun der heemescher Uebst- a Geméisproduktioun an zum Schutz vun Natur a Biodiversitéit. Net ze vergiessen ass Urban Farming och vu Bedeitung fir d'Kreeslafwirtschaft. Esou kéint een dat regionaalt a saisonaalt Uebst a Geméis, dat hei ugebaut gëtt, notzen, fir an de Schoulkantinnen ze verschaffen, an der Kiche vun de Kannerbetriebsstrukturen, an Alters- a Fleegeheemer, an de lokale Servicer ewéi lessen op Rieder, asw.

### Liichtverschmutzung

De Kampf géint d'Liichtverschmutzung ass wichtig, mee därer net dozou féieren, dass d'Sécherheet am öffentleche Raum reduzéiert gëtt. Dowéinst sinn all d'Moosnamen esou ëmzesetzen, dass fir de Foussgänger ewéi och fir de Stroosseverkéier keng Aschränkungen entstinn an awer fir d'Natur an den Energiehaushalt signifikant Virdeeler kënnen erreecht ginn.

D'Liichtverschmutzung huet staark negativ Auswierkungen op d'Ëmwelt an d'Natur. Grad och d'Déierewelt brauch däischer Nuechten. Dëst ass eng Erausforderung, där sech och d'Gemenge stelle mussen. D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Gemengen hei duerch eng Absichtserklärung, esou wéi eenzel Gemenge se schonn ënnerschriwwen hunn, méi engagéiert virginn, fir eng besser an adaptéiert Beliichtung am öffentleche Raum ëmzesetzen an d'Liichtverschmutzung esou ze reduzéieren.

Eng Ëmrüstung op LED-Luuchte féiert eleng net zur Reduktioun vun der Liichtverschmutzung, haaptsächlech duerch eng falsch Notzung. D'Faarf an d'Intensitéit vun der Luucht spillen nämlech weiderhin eng Roll. Wann eng Strooss beliicht gëtt, soll besser fir eng kontinuéierlech Beliichtung gesuergt ginn, bei där an enger Rei vu Stroosseluuchten net vereenzelt Luuchten ausgeschalt ginn. Dofir soll d'Intensitéit vun der Liichtkraaft erofgeschraubt ginn, wat fir d'Sécherheet am Stroosseverkéier besser ass, ewéi de stännege Wiessel tëscht beliicht an net beliicht. Och d'Faarf vun der Luucht soll berécksiichtegt ginn. Eng giel Luucht straalt eng méi waarm Luucht aus, déi der Dagesluucht méi no kënnt. Dat ass fir d'Mënsche vu Virdeel, awer eben och fir d'Déierewelt. Eng méi schwaach Beliichtung verbrauch dogéint manner Energie a suergt domat fir manner Käschten an CO<sub>2</sub>.

D'ADR setzt sech dofir an, datt d'Beliichtung och dohi geet, wou si gebraucht gëtt, a kee Stree-Effekt vun der Luucht no uewen oder zevill säitwäerts entsteet. Dëst ass besonnesch fir nuetsaktiv Vulle wichteg. Och speziell Moosname fir de Schutz vun den Insekten sollten ëmmer mat iwwerluecht ginn.

D'ADR passt d'Luuchten am öffentleche Raum an op de Verkéiersweeër un déi neisten Normen un, ouni d'Verkéiserssécherheet ze vernoléisseg. Op klengen a wéineg benotzte Stroossen ass eng „intelligent Beliichtung“, déi sech bei Verkéier un- an ausschalt, eng Alternativ. Déi sougenannten „Nachtabsenkung“ vun der Stroossebeliichtung (bis hin zur gänzlecher Nuechtofschaltung op bestëmmte Plazen) ass eng einfach Moosnam, déi direkt an ouni weideren Investissement kann ëmgesat ginn. Dobäi soll d'Ëmsetzung awer ganz geziilt a cibléiert oflafen, fir datt dës Moosnam keen negativen Afloss op d'Verkéiserssécherheet huet. D'Technik erlaabt et schonn, d'Stroossen nom Bedarfsprinzip ze beliichten. Dëst hätt net just Auswierkungen op d'Däischtert, mee och op den Energieverbrauch.

## 21. De Wäert vu Waasser a propperen Uertschaften unerkennen

D'Waasser ass e Grondbedierfnis vum Mënsch a stellt den Ëmweltschutz (Kuckt och d'Kapitel 20. Mat Léift fir eis Natur an Ëmwelt) haaptsächlech duerch d'Follge vum ongebremschte Bevëlkerungswuesstem viru gréisser Erausforderungen. D'Gemeng steet an der Verantwortung, d'Leit, déi op hirem Territoire wunnen a schaffen, mat gesondem a propperem Drénkwaasser, vun héijer Qualitéit, zu engem faire Präis an zu sozialen a gerechte Konditiounen, ze versueren.

Fir den Awunner dëst héichwärtegt Drénkwaasser ze bidden, soll d'Gemeng méi dacks eng Qualitätsanalys vum Drénkwaasser maachen. D'Resultater ginn uschléissend verëffentlecht. An deem Kontext ass et och wichteg, datt d'Gemeng hir Awunner informéiert iwwert déi verschidde Schuedstoffer, déi iwwert d'Haushalter am Ofwaasser landen, a wéi een dat vermeide kann.

### Gratis Waasser-Sockel

Dowéinst wäert d'ADR derfir suergen, wann néideg och iwwert e Gesetz, datt d'Gemenge beim Waasserverbrauch däerfen e Gratis-Sockel fir all Bierger ginn. All Stot an der Gemeng soll pro Joer 30 Fudder Gratis-Waasser op de Kapp zur Verfügung stoen.

### Kläranlagen

Zesumme mat den néidegen Instanze beim Staat huet d'Gemeng och d'Verantwortung fir d'Kläranlagen. Et sief drun erënnert, datt Lëtzebuerg schonn héich Strofen un d'Europäesch Unioun bezuelt huet, well d'Qualitéit vun eise Baachen a Flëss net d'Qualitäts- a Gesondheetsnorme respektéiert huet. Mat der ADR

am Gemengerot wäert den Traitement vum Ofwaasser, an Zesummenaarbecht mam Staat, eng Prioritéit ginn.

Am ländleche Raum solle wa méiglech mëttelgrouss Anlage gebaut ginn, fir datt de Präis pro Awunner ze vertrieben ass. D'ADR wäert sech um nationalen Niveau dofir asetzen, datt de Staat hei an Zukunft méi generéis subventionéiert, fir datt an den Anlagen esou vill ewéi méiglech ka mat enger véierter Rengengungsstuf gekläert ginn. Iwwerdeems soll bei de Spideeler an anere sensibelen Installatioune scho versicht ginn, d'Réckstänn vu Medikamenter aus dem Waasser ze filteren.

D'Phosphorbelaaschtung vun de Gewässer ass e seriöse Problem, fir deen ëmmer d'Landwirtschaft verantwortlech gemaach gouf. Eng Studie huet awer gewisen, datt eng ze héich Konzentratioun vu biologesch verfügbarem Phosphor haaptsächlech op d'Alleedunge vu Kläranlagen zeréckzeféieren ass. Et ass gewosst, datt et zu Lëtzebuerg Kläranlage ginn, an deenen d'Phosphatfrachte konstruktionsbedéngt net oder net genuch kënnen reduzéiert ginn. Landwirtschaftlech Moosnamen ewéi den Erosionsschutz an d'Begrenzung vun der Phosphatdüngung sollen a Koordination mat de Baueren an hiren Associatiounen zwar weider verfollegt ginn, allerdéngs geet dat net duer. Fir d'Konzentratioun vum bioverfügbaren Ortho-Phosphat däitlech ze reduzéieren, ass eng technesch Optiméierung an der Phosphorfällung an de Kläranlagen néideg. Aus deem Grond suergt d'ADR derfir, datt nei Kläranlagen direkt mat där heifir néideger Technik gebaut ginn an déi bestoend Kläranlagen eng entsprechend technesch Upassung kréien, fir d'Phosphatfrachten däitlech ze reduzéieren.

An neie Quartieren a Citéen, oder bei gréissere Renovatiounen a bebauten Zonen, wäert d'ADR no sënnavolle Krittären eng duebel Kanalisatioun (Reewaasser an Ofwaasser) a Betruecht zéien. D'Infrastruktur fir d'Ofwaasser (Kanal, Rückhaltebecken, asw.) muss esou bemooss ginn, datt keng negativ Auswierkung (z.B. Iwwerschwemmungen) op aner Quartieren entstinn. D'Gemeng wäert dann och mat den zoustännege Staatsservicer d'Risiko fir Iwwerschwemmungen op hirem Gebitt reegelméisseg evaluéieren an déi néideg Moosnamen huelen, fir déi Risiko minimal ze halen.

Et gi ganz konkret Moosnamen, fir Iwwerschwemmungen an Héichwaasser entgéintzewierken:

- Renaturéierung vun de Waasserleef;
- System vu Mini-Barragen uleeën, also Rückhaltebecken, déi den Offloss vum Waasser bremsen an dem Héichwaasser d'Spéttz brieche;
- Entsigele vu Buedemflächen a weider Versigelunge vermeiden;
- iwwer Gréngfläche geziilt a systematesch Versickerungsméiglechkeete fir d'Reewaasser schafen.

Fir datt dës Moosnamen effikass sinn a wierklech gräifen, musse si an Zesummenaarbecht mat den Nopeschgemenge geplangt a gemengeniwwergräifend ëmgesat ginn. D'ADR wäert keng Zäit verléieren, fir dësem Problem mat de genannte Moosnamen entgéintzewierken.

Fir d'Waasser ze schützen a Bëtzen vum wäertvollen Drénkwaasser ze verhënneren, gëtt d'Waasserrouernetz reegelméisseg kontrolléiert, fir Verloschter a Verschwendung duerch Fuitten ze vermeiden. Wann néideg, gëtt d'Waasserversuergungsnetz direkt sanéiert, ouni laang Zäit ze verléieren.

D'ADR ass géint d'Aféiere vun enger „Reewaassertax“. Et ass eng ganz sënnavoll Moosnam, wann d'Leit sech privat e Reewaassertank zouleeën, fir den eegene Verbrauch vun enger esou wäertvoller Ressource ze reduzéieren. Domat hëllef si aktiv Waasser ze spueren, wat d'ADR net just begréisst, mee och ënnerstëtze wëll. Dofir wäerte mir d'Reewaassernotzung a Privathaiser ewéi an Industriegebaier iwwer kommunal Subventiounen fërderen. Besteet eng Reewaassertax an Ärer Gemeng, wäerte mir am Gemengerot derfir suergen, datt dës nees ofgeschaf gëtt. Dozou géif d'ADR och fir e grouss Reewaasseropfänkbecken/-tank an der Gemeng suergen, dee vun der Gemeng selwer genotzt gëtt, fir beispillsweis Blumen a Planzen an der Gemeng ze netzen.

## Offallentsuergung

D'ADR ass prinzipiell net géint d'Konzept „Pollueur-Payeur“ fir den Drecks-këscht-service, wou de Präis vun der Tax z.B. iwwert de Volumen oder d'Zuel vun de Poubellen, déi eidel gemaach ginn, verrechent gëtt. Dëst däerf awer net benotzt ginn, fir grondsätzlech d'Taxen ze erhéijen oder fir de Bierger ze kontrolléieren. Allerdéngs géing d'ADR och bei der Tax fir d'Drecks-këschtchen déi sozial Komponent berécksiichtegen, beispillsweis iwwert e gratis Mindestsockel.

D'ADR wäert Moosnamen an der Gemeng ënnerstëtzen, déi zum Recycléieren a Vermeide vum Offall bäidroen. Och den Triage an d'Kollekt mussen ökologesche Krittäre gerecht ginn.

Et ass wuel der Gemeng hir Aufgab, d'Awunner derfir ze sensibiliséieren, dass all weideren Offall och eng weider Belaaschtung fir d'Natur an d'Ëmwelt bedeit. Dofir sollen d'Awunner roueg informéiert ginn, wéi si hiren Offall reduzéieren a vermeide kënnen, an och un d'Prinzipien an de Sënn vun der Offalltrennung erënnert ginn. D'ADR wäert sech och engagéieren, dass lokal Aktiounen ewéi Offallsammelaktiounen gestart ginn, mat deenen op de Problem vum Littering opmierksam gemaach gëtt an d'Gemeng gläichzäiteg propper gehale gëtt.

Zum onnéidegen Offall zielt och d'Liewensmëttelverschwendung, déi zu Lëtzebuerg ëmmer nach e grouse Problem ass. Och hei ass et méiglech, d'Awunner fir d'Auswierkung vum der Liewensmëttelverschwendung ze sensibiliséieren an hinne mat prakteschen Uleedungen ze weisen, wéi einfach all Haushalt d'Liewensmëttelverschwendung behiewe kann. Iwwerdeems suert d'ADR derfir, dass an ëffentlechen Institutiounen, wou Liewensmëttel verschafft ginn (z.B. an der Schoulkantin) verantwortungsvoll mat Liewensmëttel ëmgaange gëtt.

D'ADR ass fir Informatiounen am Ëmweltberäich, awer si ass dogéint, fir d'Leit ze dierängelen. Hei muss ëmmer no engem intelligenten a respektvolle Wee gesicht ginn, fir d'Natur ze schounen an d'Leit vu gudde Léisungen ze iwwerzeegen.

## **22. Kompetent politesch Gouvernance mat Gefill fir d'Awunner**

D'ADR verdeedegt de Prinzip vun enger staarker Gemengenautonomie. Am Sënn vum Subsidiaritéitsprinzip soll de Staat sech just ëm déi Aufgabe këmmen, déi net besser um Gemengenniveau ze erleeche sinn.

Fir dass d'Membere vu Gemengen- a Schäfferéit hirer Aufgab kënnen gerecht ginn, ënnerstëtzt d'ADR systematesch Formatiounen, déi hinnen z.B. am Kader vum Congé-formation offrëiert ginn. Esou wéi d'Gemenge wuessen, wuessen och d'Ufuerderungen un d'Gemengen an hir Ugestallten. Hiren Aufgabebereich gëtt méi komplex an dowéinst suert d'ADR fir eng konsequent Weiterbildung, an investéiert geziilt an den Know-How vun der Gemeng hire Beschäftegten.

Fir eng staark a modern Gemeng ze hunn, mussen och d'Gemengestruktur gestärkt ginn. An deem Sënn schwätzt d'ADR sech och dofir aus, dass de Buergermeeschter an d'Schäffen am Verwaltungsrot vum jeeweilege Sozialbüro kënnen setzen, fir esou eng virdeelhaft Zesummenaarbecht ze begënschtegen. Et si virun allem de Buergermeeschter an d'Schäffen, déi als Exekutiv eng politesch Responsabilitéit droen. Well dës awer ëmmer weider wiest an d'Erausforderungen och méi grouss a méi komplex ginn, ass et schwéier deem lokalpoliteschen Engagement no beschtem Wëssen a Gewëssen nozkommen, wann dofir net genuch Zäit zur Verfügung steet. Mee och d'Membere vum Gemengerot brauche méi Zäit, wa si sech seriö an der Gemengepolitik engagéieren wëllen.

De gudde Wëlle geet einfach net duer, fir dat lokalpolitescht Mandat effikass am Déngscht vun den Awunner auszeféieren a gläichzäiteg dem Haaptberuff nozegoen. Dat ass dacks besonnesch da schwierig,

wann déi gewielte Lokalpolitiker an der Privatwirtschaft schaffen oder mat aarbechtsrechtlechen oder gesetzleche Restriktiounen konfrontéiert sinn.

An den Ae vun der ADR wär et néideg, datt d'Gemengen - onofhängeg vun der Awunnerzuel - e Vollzäitbuergermeeschter hätten, dee sech ganz an haaptberufflech op seng Aarbecht an déi wichteg Decisiounen an der Gemeng konzentréiere kann. Et gëtt Zäit, datt endlech de Statut vum lokale Politiker agefouert gëtt, wat eventuell och nach méi Jonker encouragéiere kéint, sech lokalpolitesch anzebréngen. Duebelmandater fir Buergermeeschter a Schäfte sollen ofgeschaf ginn, esou datt national a lokal Mandater mat Exekutivfunktione kloer solle vunenee getrennt ginn. An deem Sënn setzt d'ADR sech op nationalem Niveau dofir an, datt Lokalpolitiker an Zukunft méi Disponibilitéit kréien an datt kloer Dispositiounen festgeluecht ginn, wat hir Aufgaben a Rechter ugeet. Bei kommunale Gesetzer a Reglementer missten d'Gemengen dann och méi an d'Legislatiounsprozedur mat agebonne ginn. D'ADR vertritt d'Meenung, datt Gemengen net just solle staatlech Decisiounen empfänken an ëmsetzen, mee och aktiv um Entscheidungsprozess kënnen deelhuele a fir hiren Avis zu Gesetzesprojeten, déi si betreffen, gefrot ginn. Des Weidere sollten d'Gemengen och bei Reformen am öffentlechen Déngscht a bei Gehälterverhandlungen mat an d'Diskussiounen geholl ginn, schliisslech sinn de Gemengen hir Beschäftegter dobäi och betraff.

D'ADR wäert an der Gemeng e Poste vun engem Familljebeoptraagte schafen. Mir sinn net iwweezeegt vum Regierungskonzept, dat e Gläichstellungsbeoptraagten an all Gemeng recommandéiert. Et wär vill méi sënnvoll an néideg, datt d'Gemengen e Familljebeoptraagten hätten, fir Eltere mat hire Kanner beschtméiglech ze ënnerstëtzen. (Kuckt och d'Kapitel 4. Versteesdemech fir d'Awunner - vu Jonk bis Al) Dofir wäerte mir dës Posten amplaz vum Gläichstellungsbeoptraagten an Ärer Gemeng aféieren.

D'Erscheinungsbild vun öffentlechen Institutiounen, Gebaier a Plaze muss onbedéngt neutral bleiwen. E Fändel ze hissen, heescht och sech ze bekennen. Aus deem Grond däerf nëmmen den nationale Fändel vu Lëtzebuerg op deene Plaze gewise ginn (Rout-Wäiss-Blo an/oder de roude Léif). Wa gewünscht, däerf donieft och nach den Europafändel gewise ginn, an dee vun enger offizieller Institutioun (z.B. bei enger Ambassade den nationale Fändel vum entspreche Land). Fändele vu Lobbyen hunn un öffentleche Gebaier näischt verluer.

### **Gemegefinanzen**

De Gemegebudget muss mat der néideger Verantwortung geréiert ginn. An deem Sënn setzt sech d'ADR um nationalen Niveau dofir an, datt d'Gemegefinanzen der Kontroll vum Rechnungshaff ënnerstellt ginn.

Nom Prinzip vun der direkter Demokratie wëll d'ADR d'Awunner méi staark bei den Decisiounen iwwee gréisser Investissementer abannen. Bei Projeten, déi mat groussen Investissementer verbonne sinn an domat e groussen Impakt op de Gemegebudget hunn, soll fir d'éischt e Referendum ofgehale ginn, bei deem d'Awunner mat entscheede kënnen, ob si dee Projet an hirer Gemeng wëlle realiséiert hunn a mam Investissement averstane sinn.

Prëten um Gemegegniveau solle just opgeholl ginn, wann de Prët sech op konkret an néideg Investitiounen bezitt.

Opgrond vun der aktueller Situatioun, an där et fir vill Leit aus finanzieller Siicht ganz schwierig ass, setzt sech d'ADR och dofir an, datt d'Gemengentaxen net erhéicht ginn an och keng neier agefouert ginn.

D'Gemege sollen och proaktiv kucken, wat fir Fördermëttelen - aus europäesche Fongen - fir si kënnen a Fro kommen, an hir Infrastrukturplangunge méi dono ausrichten. Ze dacks ginn hei Opportunitéiten net genotzt - och bei „Appels à projets“. Dat gëllt besonnesch fir méi kleng Gemengen am ländleche Raum. Dëst ass e Beräich, wou eenzel Gemengen an enger „Deelfusioun“ kënnen zesummeschaffen. (Kuckt och d'Kapitel 22. Kompetent politesch Gouvernance mat Gefill fir d'Awunner)

D'Finanzsituatioun vun de Gemengen däerf net onnéideg belaascht ginn, doduerch datt hinnen ëmmer weider nei Aufgaben operluecht ginn. Dëst dreift nämlech d'Gemengentaxen an d'Luucht, well déi weider

Ausgabe muss finanziert ginn. Dowéinst setzt sech d'ADR op nationalem Niveau dofir an, datt de Staat d'Finanzierung garantéiert, wann der Gemeng weider Aufgaben operluecht ginn. D'Gemenge mussen awer och ëmmer nach e gewëssene Spillraum behalen, an deem si eegestänneg decidéiere kënnen, wéi si hir Geldmëttelen notzen. Allgemeng sollen un d'Gemengen delegéiert Aufgaben, respektiv d'Gemenge betreffend Gesetzer ëmmer eng Berechnung vum finanziellen Impakt bäileien hunn, fir datt d'Gemengen hir Finanzen mat der néideger Seriositéit verwalte kënnen. Fir d'ADR ass et dann och néideg, datt dës Gesetzer an déi zougedeelten Aufgaben no e puer Joer an dann och regelméisseg evaluéiert ginn op d'Funktionalitéit an d'Käschten, fir datt, wann néideg, Upassunge kënnen gemaach ginn. Och d'Inflatioun muss hei mat berécksiichtegt ginn. Dëst wäert d'ADR op nationalem Niveau upaken.

D'ADR setzt sech dann och dofir an, datt d'Spezialsubventioun fir Gemenge mat manner wéi 2000 Awunner ugepasst an erhéicht gëtt.

Fir datt d'Gemengen um Wunnungsmaart méiglechst aktiv agéiere kënnen, sollte si bei der Verwaltung vu soziale Mietwunnenge méi staark ënnerstëtzt ginn. D'Joressubventioun pro Wunneng fir d'Begleetkäschte vun der Gemeng sollt ugepasst a gehéicht ginn.

D'Entwécklungshëllef ass prioritär eng staatlech, an net eng kommunal Aufgab. Wëll d'Gemeng awer eege Programmer fir Entwécklungshëllef opstellen, sollen dës mam Staat koordinéiert ginn, fir duebel Aarbecht an Inkohärenzen ze verhënneren.

### **Gemengefusionen**

Prinzipiell begréisst d'ADR Gemengefusionen, wann dës e Méiwäert fir d'Awunner bréngen. Dës Fusiounen mussen awer ëmmer um Prinzip vun der Fräiwëllegkeet berouen, woubäi d'Awunner hiren Accord iwwert de Wee vum Referendum mussen ginn. Et dierf net sinn, datt dëst iwwert eng zentral geplangten Territorialreform vum Banneministère entscheet an ëmgesat gëtt.

Et kann ee Gemengen net forcéieren ze fusionéieren, och wa Fusiounen tëscht Gemenge géinge méi eng rationell Finanzpolitik oder e bessere Service erlaben. Et kann ee Gemengen awer och net erhéngere loosse, andeems een hir Mëttelen esou begrenzt, datt si zu enger Fusioun praktesch gezwonge ginn.

De Wee vun der Fusioun ass radikal a beréiert heiansdo Meenungsverschiddenheeten a Rivalitéiten, déi scho bal historesch gewuess sinn. D'kulturell Identitéit vun enger Persoun ass nun emol enk mat sengem Heemechtsuert an deem senger sozialer Zesummesetzung verbonden. Dat gëllt och, wann Immigratioun a Mobilitéit déi meescht Uertschafte staark verännert hunn an et déi typesch Minettsgemeng grad esou ewéi déi typesch Nordgemeng net méi gëtt.

Trotzdem ass um kleng Lëtzebuurger Territoire eng besser a méi käschtegëschteg Opdeelung vun de Lokalitéite méiglech. An den Nopeschlänner (z.B. Frankräich) hu sech Formen vu Gemengekooperatioun entwéckelt, déi manner definitiv a manner radikal sinn ewéi eng Fusioun. An awer bidden dës Kooperatiounen e Kader, deen d'Existenz, den Numm a vill Kompetenzen vun enger Gemeng net a Fro stellt, mee d'Zesummenaarbecht tëscht de Gemengen encouragéiert, do wou et Sënn mécht.

D'punktuell Zesummenaarbecht vu Gemengen ass zu Lëtzebuerg schon iwwer Syndikater méiglech, déi ënnerschiddlech Schwéierpunkten hunn. D'ADR huet awer d'Iddi, de Gemengen eng Organisationsform ze presentéieren, déi eng méi groussflächeg Kooperatioun erlaabt ewéi en (éischter) onpolitesche Gemengesyndikat. Dogéint wär déi Organisationsform awer geografesch méi begrenzt (op Nopeschgemengen) a géing de Schäfferéit en direkt, och politescht, Matsproochrecht garantéieren (z.B. a gemeinsame Sëtzunge vun de Schäffe- bzw. Gemengeréit). Wichteg wär och, dës Kooperatioun zäitlech ze limitéieren a si duerno, wa gewünscht, nees ze verlängeren. Dat géing et de Gemengen erlaben, d'Virdeeler an d'Friichten, déi aus dëser Kooperatioun entstane sinn, ze evaluéieren. Dorops kéint dann iwwert de Sënn vun enger Verlängerung vun der Kooperatioun entscheet ginn.

Anescht ewéi a Frankräich, hätt d'Lëtzebuerger Gemengekooperatioun net d'Recht, Taxen ze erhiewen. Et géing sech och net vill um Gemeengefinanzement änneren, esou datt d'Aspuerungen duerch Synergie géingen an d'Täsche vun de bedeelegte Gemenge fléissen.

D'Virdeeler vun esou enger Organisatioun leie fir d'ADR op der Hand. Folgend Schwéierpunkte kéinten aus eiser Siicht Theme sinn, déi vill vun eisen 102 Gemengeréit bis un d'Grenze vun hirer Belaaschtbarkeet bréngen:

- PAG (fir Flächen, déi e gemeinsaamt Intressi bidden)
- sanitär, wirtschaftlech, touristesch, kulturell a sportlech Infrastrukturen
- Logementsprojeten
- Schoulorganisatioun a Schoultransport
- Öffentlechen Transport an Ubannung un den nationalen öffentlechen Transport
- Ëmwelt (Dreckentsuergung) an Energie
- Berodung a Betreierung vum Bierger

### PAG

D'Flächennutzung kéint optiméiert ginn, well si a méi engem grouse Kader géing oflafen. Lotissementer wäeren net duerch de Bauperimeter vun enger Gemeng begrenzt. De PAG wär e Wee, fir en natierlecht Zesummewuesse vun de betraffene Gemengen ze erlaben.

### Infrastrukturen

D'Presenz vun de Schäfferéit (an eventuell eng Ofstëmmung am Gemengerot) géing eng gläichberechtigt, entspiechend dezentral Planifikatioun erlaben.

### Logement

Grad de Pacte Logement a seng Hëllef si ganz komplex, grad ewéi d'Konsequenze vum Baue fir d'Ëmfeld. Duerch e gemengeniwwergräifend Schaffe kéinten och vill staatlech Beroder gespuert ginn.

### Schoul

Et wär eng sozial an demographesch besser Planifikatioun méiglech, well d'Infrastrukturen iwwert d'Gemengegrenzen eraus kéinte geplangt ginn. De Wee fir d'Schoulkanner bei déi nächst Schoul, déi nächst Maison relais oder de Wee bei déi nächst Crèche géing méi kuerz ginn.

### Transport

Vill Gemenge probéieren haut scho mat verschiddene Bus-Deklinatiounen (Diffbus, Ruffbus, Gaalgebuss, asw.) eng Zousamémiglechkeet zum nationale Reseau ze schafen an eng besser Ubannung un dësen ze bidden. Verschidde Gemengen hunn awer net genuch Awunner, fir esou Projeten auszelaaschten. Hei wär eng interkommunal Organisatioun méi rationell.

### Ëmwelt

Eng méi rationell Ressourcéverwaltung wär méi einfach ze realiséieren, sief dat bei der Waasserverwaltung oder bei der Energieversuergung.

### Berodung/Betreierung

Sozial Servicer a Berodungsplaze sinn a kleng Gemengen dacks isoléiert. Hinne bidde sech hei d'Virdeeler vun enger Ekippenaarbecht, bei där sech iwwert eng dezentral Approche a Presenz an alle bedeelegte Gemengen eens gemaach gëtt.

De Staat kéint dës Kooperatiounen ënnerstëtzen duerch eng nach méi generéis finanziell Bedeelegung u spezifesch Kooperatiounsprojeten an duerch e méi generéise politesche Congé fir d'Schäffen- an d'Gemengeréit, déi weider Zäit fir interkommunal Reunioune brauchen. Gemengen, déi op de Wee vun enger Deelfusioun ginn an doduerch verstärkt kooperéieren, sollten op déi Manéier zousätzlech subventionéiert ginn.



Hei wär et dann och nach wichteg, onnëtz Bürokratie an Iwwerreglementéierung anzedämmen, fir datt Gemengefusiounen a Kooperatioune méi effikass schaffe kënnen. Dowéinst sollte beispillsweis Bauprojete scho kënnen ugefaange ginn, esoubal eng Fusioun oder eng Deelfusioun an der Chamber gestëmmt gouf, amplaz datt bis zum Akraafttrieden no de folgende Wale muss gewaart ginn. Dëst sinn Elementer, fir déi d'ADR sech um nationale Plang asetze wäert.

Par rapport zu de Gemengesyndikater ergi sech aus dëser manner radikaler Fusiounsaart bestëmmte Virdeeler. Dee gréisste läit ouni Zweiwel an der direkter politescher Verantwortung duerch déi betraffe Schäfferéit, wouduerch d'Gemengesyndikater entlaascht ginn. Mee esou Kooperatioungemenge stäerken och hir Positioun an de Gemengesyndikater, well si kooperéieren an un engem Strang zéien.

D'Gemenge ginn dann och un hirer Aarbecht am Fusiouns-/Kooperatiounsberäich gemooss, well d'Projete concernéieren direkt déi betraffe Gemengen an hunn en direkten Impakt op hir Awunner.

D'Flexibilitéit vun dësem System erlaabt d'Zesummenaarbecht, do wou se gutt ass, nach auszedeeenen (ouni manner betraffe Gemengen ze schiedegen) an eventuell Beräicher, déi besser méi lokal ze behandle sinn, aus der Kooperatioun nees auszeschléissen.

D'ADR ass der Meenung, datt d'Effizienz vun esou liichte Fusiounsforme vu Virdeel ass. Et kéint een och eng „Guidance“ duerch de Banneministère virgesinn, andeems esou Deelfusioun-Gemenge mussen e Plang virleeën, wat konkret hir Zesummenaarbecht ausmécht. De Banneministère kann dann en Avis ginn, ob dat iwwert de Fusiouns-/Kooperatiounsraum eraus Sënn mécht, an duerch d'Héicht vu senger finanzieller Bedeelegung hëllefen, Prioritéite festzeleeën. D'Entscheidung muss leschten Enns awer bei de Gemenge selwer bleiwen.